

	45^e séance	Présidence
	Jeudi 22 mars 2001	M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Projet de loi 4697 relative à l'organisation du marché du gaz naturel et portant modification
 1. de la loi du 24 juillet 2000 relative à l'organisation du marché de l'électricité et
 2. de la loi modifiée du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de commissaire du Gouvernement, portant création d'un service de l'énergie de l'Etat, et concernant l'exploitation des centrales hydro-électriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport (*Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions*)
2. Ordre du jour
3. Projet de loi 4749 portant attribution aux salariés du secteur privé d'un jour de repos rémunéré extraordinaire en date du 6 avril 2001 (*Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
4. Ordre du jour
5. Projet de loi 4584 portant modification de la loi du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques et transposition de la directive 97/36/CE du Parlement Européen et du Conseil du 30 juin 1997 (*Rapport de la Commission des Médias et des Communications - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Henri Grethen et François Biltgen, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 9.03 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Da komme mer elo zu eisem Ordre du jour vun haut de Moien, d'Diskussioun vum Projet de loi 4697 iwwert de Gas.

D'Riedezeit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Jung, Zanussi, Meisch, Jaerling, d'Mme Wagener an den Här Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

1. Projet de loi 4697 relative à l'organisation du marché du gaz naturel et portant modification

1. de la loi du 24 juillet 2000 relative à l'organisation du marché de l'électricité et
2. de la loi modifiée du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de commissaire du Gouvernement, portant création d'un service de l'énergie de l'Etat, et concernant l'exploitation des centrales hydro-électriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt lech dann elo de Rapport maache vun deem Gesetz iwwert d'Organisatioun vun engem Gasmarché hei zu Lëtzebuerg.

Den Titel huet am Laf vun der Zäit dann och évoluëiert. Doduerch bedéngt, datt deen neien Artikel 35 bäikomm ass an och nach een neien Artikel 36, ass den Titel vun deem Gesetz och méi grouss ginn. Am Artikel 35 gëtt nämlech d'Stroumliberaliséierungs-gesetz vum 20. Juli vum leschte Joer ëmgeännert respektiv dat Gesetz iwwert d'Kreatioun vum Service de l'Energie de l'Etat an d'Exploitatioun vun de Centrales hydro-électriques zu Esch-Sauer an zu Rouspert.

Ech wëll dann och direkt soen, firwat datt déi Gesetzter müssen ëmgeännert ginn. Vum 1. Januar vun dësem Joer un trëtt déi zweet Etapp vun der Stroumliberaliséierung a Kraaft, fir déi Clienten, déi méi wéi 20 GWh gebrauchen. Dat sinn in etwa 30 Clienten, déi do a Fro kommen, déi 56 % vun der Gesamtconsommatioun ausmaachen. Fir datt déi hire Coût kënnen opstellen, musse se d'Benutzungstariffer vum Transport vum Stroum kennen.

Ursprünglech war am Gesetz virgesinn, datt déi Betriber dat bis den August maachen. Dat schéngt der

Regierung awer ze laang ze sinn a si huet dofir optéiert, fir hei Amendementer virzebréngen, datt an Zukunft déi Tariffer musse bis den 1. Februar publizéiert sinn. Fir dëst Joer hat d'Regierung gemengt, den 1. Abrëll. De Statsrot huet gemengt, dat wier e bësschen ze kuerz, an huet den 1. Juni proposéiert, wat och elo en fin de compte zrëckbehale gouf. Dat ass den Artikel 35, den 1. Zousaz zum Titel.

Am zweeten Zousaz geet et dann ëm den Artikel 36 mat deem de Punkt G vum Artikel 3 vum Gesetz iwwert d'Institution vum engem Commissaire de Gouvernement, d'Kreatioun vum engem Service de l'Energie de l'Etat a concernant l'exploitation des centrales hydro-électriques vum Esch-Sauer a vu Rousport ofgeschaaft gëtt, mat deem de Stat a sech beoptraagt gi war, d'hydro-elektresch Zentrale vum Esch-Sauer a Rouspert a Regie ze féieren. Et versteet sech, datt an engem liberaliséierte Stroummaart, wou de Stat op där enger Säit soll oppassen, datt d'Regelen agehale ginn, respektiv d'Autorisationen och vergëtt fir déi, déi Acteur do sinn, hien net op där anerer Säit och nach Opérateur ka spillen.

An deem Sënn ass et normal, datt d'Regierung een aneren domat chargéiert huet, déi Aufgab fir si ze iwwerhuelen a si huet wëlles, d'CEGEDEL an d'SEO domat ze chargéieren. Hei si mer awer drop opmierksam gemaach ginn, datt ee muss oppassen op d'Regulariséierung vum Waasser. De Stauséi huet jo awer eng gewësse Wichtigkeet, wat d'Iwwerschwemmungsregelungen ugeet, an de Minister huet sech jo och engagéiert, datt an deem Sënn keng Décisionne fale bis d'Regierung do déi néideg Garantien huet. Datselwecht gëllt fir d'Personal, wou de Minister sech dann och engagéiert huet, datt déi Leit eng aner Plaz beim Stat kréien oder awer kënnen op der Plaz bleiwen ënner gewëssene Konditiounen, wann déi Froen dann all gekläert sinn.

Fir datt dee laangen Titel an Zukunft net ëmmer muss gebraucht ginn, ass een Artikel 37 bäikomm, dee seet, datt et géif duergoen, fir deen einfachen Numm vum Gesetz an Zukunft ze gebrauchen, dat heescht d'Gesetz heescht an Zukunft nëmmen: „relative à l'organisation du marché du gaz naturel“. Dat mécht d'Saach méi einfach.

Dat Gesetz hei ass keen einfacht Gesetz. Et ass héich technesch an ech versichen dofir, et sou einfach wéi méiglech ze maachen. Et war a sech net de Wëlle vun eiser Regierung, fir elo hei ze liberaliséieren zu Lëtzebuerg, mä dat berout ganz einfach op enger Direktiv vun der Europäescher Kommissioun, déi d'Nummer 98/30 dréit. Firwat steet do 98? Mä ganz einfach, dat ass deen Datum, wou déi Direktiv rechtskräfteg ginn ass, an déi hätt dann och sollen zwee Joer dono a Lëtzebuergere Léislatioun ëmgesat ginn. Dat ass awer net geschitt, well mir si jo elo scho Mäerz 2001.

Et muss een och soen, datt dat bal net méiglech war, well bis deen Datum hate mer d'Stroumliberaliséierungsdirektiv nach net ëmgesat, déi och schon 1999 hätt missen ëmgesat ginn. D'Regierung wollt op Grond vun den Erfahrungen, awer och op Grond vum Avis vum Statsrot eréischt ufänken, dat neit Gesetz ze schreiwen, dofir dee kleng Retard. Wéi gesot, déi Direktiv geet zrëck op 1998, et ass also eng, déi fir Lëtzebuerg vun der viregter Regierung mat ausgehandelt ginn ass.

Ech wollt lech dann nach vläicht e bëssche vum Lëtzebuergere Stroummaart zielen, fir datt ee weess, vu wat een hei schwätzt. De Lëtzebuergere Gas gëtt integral vun enger Firma importéiert, der SOTEG, an dee Gas gëtt zu iwwer 90 %, oder haut bal zu 100 %, aus der Belsch importéiert. Et gëtt kee Gas méi aus dem Frankräich importéiert. Dat wäert awer deemnächst änneren, well nodeem eng nei Leitung an Däitschland geluegt ginn ass, fir déi nei Gasdampsturbin zu Esch ze beliwweren, wäert dat Verhältnis vun 100 % zu null sech änneren. Sou datt an Zukunft 60 % vum Gas wäert aus der Belsch kommen a 40 % aus Däitschland, bedéngt doduerch dass déi grouss Gasdampsturbin dann an Zukunft 40 % vun deem Gas wäert brauchen, deen hei zu Lëtzebuerg gebraucht gëtt.

Dat ass also déi éischt Monopolstellung, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn. Dat war och a sech esou deemools gewollt, fir datt de Gas iwwerhaupt eng Chance hätt, sech hei um Lëtzebuergere Maart duerchzusetzen an dofir war d'SOTEG och deemools gegrënnt gi vum Stat a vun der ARBED zu jee 50 %. An der Tëschenzäit huet dat sech geännert, an d'ARBED huet eng Partie Aktien, 20 % nämlech, u Ruhrgas ofgetratt an 10 % u Saar Ferngas. De Lëtzebuergere Stat huet der CEGEDEL 19 % zougestane, sou datt de Lëtzebuergere Stat elo mat 31 % awer nach ëmmer gréissten Aktionär bei der SOTEG ass. D'ARBED huet dann nach 20 % an där Gesellschaft.

Vu datt d'Aufgab vun der SOTEG sech just drop beschränkt, en amont vun der Distributioun ze handeln, dat heescht de Gas an d'Land eran ze huelen, sinn dann och nach véier aner Betriber hei am Land, déi de Gas bei d'Betriber respektiv an d'Stéit bréngen. Dat ass fir d'éischt d'Gaswierk vun der Stad Lëtzebuerg, dat d'Gemenge Lëtzebuerg, Hesper a Stroossen beliwwert; d'Gaswierk vun der Stad Diddeleng, dat fir Diddeleng zoustänneg ass, an dann eng Gesellschaft, déi Sudgaz heescht, déi déi aner Südgemenge praktesch alleguer beliwwert; dat sinn der 15 un der Zuel.

An dann nach eng véiert Gesellschaft, d'Luxgaz Distribution, dat ass eng Gesellschaft un där sech de Stat mat 30 % bedeelegt huet, d'SOTEG huet do 25 %, d'CEGEDEL 13,7 %, d'Fédération des installateurs 1,3 % an d'Gemengen 30 %. Déi huet a sech

d'Aufgab, mat Ënnerstëtzung vun der Regierung, fir de Rescht vum Land och de Gas zougängeg ze maachen. Momentan sinn dat 35 Gemengen, déi dovun kënne profitéieren.

1999 si 730 Milliounen Kubikmeter Gas op Lëtzebuerg importéiert ginn. Deen ass, wéi gesot, praktesch zu 100 % aus der Belsch komm. Muer, wann d'Gasdampfturbin a Kraaft trëtt, geet dee Chiffer erop op 1,3 Milliarden, dat heescht e Plus vun 80 %, an dee gëtt dann integral aus Däitschland geliwwert; dat hunn ech scho gesot.

D'Ennconsommation vun Erdgas war 1999 esou, datt 70 % an d'Industrie gaangen ass an 30 % an d'Ménagen. Vun den 160.000 Ménagen hei zu Lëtzebuerg sinn et der 70.000, déi momentan mat Gas kënne fueren. Et ass awer esou, datt 80 % vun alle Stéit kéinte vum Gas Gebrauch maachen.

Voilà! Dat zur Situatioun, a wann Der mer nogelauschtert hutt, da fannt Der eraus, datt mer hei zu Lëtzebuerg op allen Niveauen eng Monopolstellung hunn, Déi Monopolstellung, déi mir hei am Land hunn, hunn natierlech och déi aner Länner. Dat huet d'europäesch Kommissioun derzou gefouert, déi Direktiv do auszuschaffen, déi gemeinsam Regele soll opstellen, fir progressiv en europäesche Gasbannemaart opzebauen, deem der Konkurrenz an der Kompetitivitéit ënnerleie soll, ouni datt d'Betriber awer, déi am Gassektor aktiv sinn, diskriminéiert solle ginn, wat hir Rechter a Flichten ugeet. Awer gëtt de Memberstaaten e gewëssene Spillraum gelooss, fir déi Direktiv ëmzesetzen.

D'Kommissioun erwaart sech nämlech vun dëser Ouverture vum europäeschen Energiebannemaart - de Gas gehéiert jo zur Energie -, deem der Konkurrenz ausgesat ass, méi Croissance, méi Kompetitivitéit an awer och méi Aarbechtsplazen. Si soll awer och d'Kompetitivitéit vun der europäescher Industrie eropsetzen, duerch eng Diminution vun den Energiepräisser, déi duerch d'Spill vun der Konkurrenz soll entstoen. Déi Konkurrenz soll entstoen duerch d'Tatsaach, dass d'Konsumenten hire Gas do kënne kafen, wou se wëllen.

Dëst gesot ass et awer och selbstverständlech esou, datt d'Direktiv de Staaten d'Méiglechkeet gëtt, Obligations de service public anzeféieren, an dat kënnen d'Regierungen a Saache Sécherheet maachen, Regularitéit, Qualitéit, Präis an awer och Ëmweltschutz. Mä si seet hannendrun, wa sou Obligations de service public agefouert ginn, da mussen déi och objektiv sinn, transparent, net diskriminatoresch, novollzéierbar an och publizéiert ginn.

Dat waren am Fong geholl déi allgemeng Regeln, déi d'Direktiv virschreift. Den Detail dovunner erklären ech, andeem ech de Gesetzestext hei analyséieren an

op déi Punkten hiweisen, wou mir hei zu Lëtzebuerg vun der Direktiv ofgewach, respektiv en anere Wee gaange sinn.

Am Kapitel 1 geet et ëm den Uwendungsberäich. Bon, dat steet schonn am Titel vum Gesetz, mä virun allem ginn awer am Artikel 2 eng ganz Partie Definitionen festgehalen, fir iwwerhaupt duerch dat Gesetz kënnen ze goen an dann och Kloeerheet ze schafe bei deene verschiddenen Termen, vu wat datt mer schwätzen. Dat Eenzezt, dat Lëtzebuerg do net iwwerholl huet ass d'Iddi vum Client grossiste. Dat ass a sech ee Betrib, dee Gas keeft a verkeeft, ouni awer am Besëtz vun den Infrastrukturen ze sinn, deem d'Liwwerung vum Gas ka bis bei den Ennclient garantéieren.

Lëtzebuerg war do der Meenung, datt dat keng gutt Saach wier. Dat wier relativ schwéier kontrolléierbar a kaum transparent, an dofir ass d'Iddi vum Client grossiste net zrëckbehale ginn. Datt mer dat hei net zrëckbehalen hunn, ass allerdéngs eng Kritik, déi de Statsrot a sengem Avis gemaach huet.

D'Kapitel 2. Am Artikel 3 geet Rieds vun den Obligations de service public, wou ech lech elo grad gezielt hunn, wat dat ass. Selbstverständlech kënnen déi Obligatiounen am Kader vu Règlements grand-ducaux preziséiert ginn, an déi schreiwen a sech de Gastransports- an Distributiounsfirmer zum Beispill d'Sécherheitsmoossname vir.

Si kënnen hinnen awer och virschreiwen, datt se mussen investéieren, fir d'Liwwerung vun deene Clienten ze garantéieren, déi net éligibel sinn, dat heescht, déi hire Gas net do kënne kafen, wou se wëllen. Si schreift och zum Beispill de Gasliwwerungsfirmer Obligatiounen an deem Sënn vir, datt de Gas, dee se liwweren, der Regularitéit an der Qualitéit muss entsprechen, dat speziell och erëm eng Kéier, wat déi Clienten ugeet, déi de Gas net kënne kafen, wou se wëllen. Si seet dann och datt d'Clienten alleguer mussen gläich behandelt ginn.

Da kënnt deem drëtten an, menger Meenung no, wichtigste Punkt vun deem Artikel, dat ass deem iwwert d'Sécurité d'approvisionnement. Do ass virgesinn, datt de Minister eng Planification à long terme ka maachen, dat heescht en Zéngjoresplang kann opstellen, mat deem ka séchergestallt ginn, datt mer ëmmer hei zu Lëtzebuerg Gas hunn. Dëse Plang kann och all dräi Joer erneiert ginn. Ech mengen, dat ass scho wichteg, wann ee weess, datt Lëtzebuerg zu 100 % vum Ausland ofhängeg ass. Mir hu keng Produktioun vu Gas hei a wäerten och kaum eng hei kréien.

An deem Sënn kann een der Regierung félicitéieren, datt se dat hei erabruucht huet, zumools wann ee sech d'Beispill vu Kalifornien virun Aen hält, déi am

leschten Dezember a Januar Stroumknappheet haten, bedéngt doduerch datt se hire Stroummaart schlecht liberaliséiert haten. Dëst zum Kapitel 2.

Am Kapitel 3 geet et ëm d'Autorisatiounen.

D'Kapitel 4 gesäit vir, dass Lëtzebuerg optéiert huet fir e System vun individueller Autorisatioun, dat heescht, all déi hei um Lëtzebuurger Gasmaart wëllen operéieren, musse vum Minister eng Genehmegung hunn, déi nominativ ass an déi och incessibel ass. Selbstverständlech mussen déi Konditiounen, déi de Minister ka virschreiven, objektiv sinn an net diskriminatoresch.

Am Artikel 5 ass virgesinn, dass déi, déi e Réseau oder eng direkt Leitung hei zu Lëtzebuerg bauen, fir Gas ze transportéieren, esou eng Autorisatioun brauchen. Detailler ginn an engem Reglement festgehalen.

Am Artikel 6 steet dran, dass déi, déi Gas transportéieren oder distribuéieren, esou eng Autorisatioun brauchen. Do ginn d'Detailler an engem Reglement festgehalen.

Am Artikel 7 steet, dass déi, déi de Gas liwweren, och nach eng Autorisatioun brauchen. Fir déi gëtt och an engem Reglement festgehalen, ënnert wat fir Konditiounen si dat kënne maachen.

Am Artikel 8 ass eng éischt Aschränkung beim Neibau vun enger Leitung, respektiv vun engem Réseau, wou d'Regierung sech dann awer ausgehalen huet, keng Genehmegung ze ginn, fir eng nei Leitung ze bauen, wann d'Kapassitéit an där Géigend duergeet, fir dat ze maachen. Och dat kann ee begrëssen, fir dass net muttwëlleg Leitungen hott an har gebaut ginn. Et hätt ee sech kënne virstellen, dass een och esou eppes am Stroumliberaliséierungsgesetz hätt kënne erëmfannen, wat de Bau vun Héichspannungen ugeet.

Datselwecht fënnt een nach eng Kéier am Artikel 27 erëm. Dofir hunn ech dat elo hei gesot. Da brauch ech dat herno net méi ze maachen.

Wann déi Artikelen esou hei stinn, da wëllt dat soen, dass déi Lëtzebuurger Entrepen alleguer nei Genehmegunge brauchen. Et sinn alleguer Betriber, déi integréiert sinn, dat heescht, déi Fourniture an Distributioun maachen oder Transport an Distributioun. Si hunn oft duebel Fonctiounen, a fir all Fonctioun, déi se maachen, brauche se och eng Genehmegung. Allerdings ass an den Iwwergangsbestëmmunge gesot, dass déi Autorisatioun, déi se elo hunn, gëllt bis déi Reglementer ausgeschafft sinn.

An deem selwechte Kapitel geet och nach Rieds vun deene berühmten Artikelen 10 bis 16, déi am originale Projet net dra waren, déi de Statsrot awer gären dra gehat hätt, fir d'Gläichheet tëschent den Entre-

prisen alleguer ze garantéieren. Hei geet et ëm déi Artikelen, déi definéieren, ënnert wat fir enge Konditiounen den Domaine public a privé ka vun Entreprise benotzt ginn, fir nei Leitungen ze leeën. Dat sinn déiselwecht Artikelen, wéi se och am Telekommunikatiounsgesetz sinn, an och déiselwecht Artikelen wéi se am Stroumgesetz sinn, déi dann an der Zwëschenzäit Agank hunn, a wéi een dat weess, och net allzevill Schwierigkeete gemaach hunn, trotzdeem si, a mengen Aen, relativ rabiart sinn, déi Artikelen do, well se ganz einfach vu vireran emol festleeën, dass den Domaine public, dee vum Stat, mä awer och dee vun de Gemengen, tel quel ka gratis benotzt ginn. Dat war net vun der Regierung gewollt, déi Artikelen hei eranzehuelen, mä de Statsrot huet drop gehalen, dat ze maachen, well wann net, da géif en eng Opposition formelle zu deem maachen, an esou sinn déi dann elo dran.

Am Kapitel 4 geet da Rieds iwwert d'Konditiounen, déi festgesat ginn, fir den Transport, de Stockage an och de verflëssegten Naturgas.

Am Kapitel 5, Artikelen 19 an 20, geet Rieds iwwert déi, déi d'Verdeelung vum Gas maachen. Dat sinn Detailler, déi a sech net wichteg sinn.

E méi wichtegt Kapitel ass d'Kapitel 6 mat den Artikelen 21 an 22, wou et drëm geet, fir eng héchstméiglech Transparenz ze garantéieren an och eng Diskriminatioun ze vermeiden, fir dass et net zu Subventions croisées kënnt oder anerer Konkurrenz, Distorsiounen, dass d'Konte musse vun den integrierte Firma getrennt ginn. Domat ass da garantéiert, dass d'Transparenz méi grouss ass, an dass net hott an har geschobe gëtt, bis et op där enger Säit besser opgeet wéi op där anerer Säit. Domat wëll ech konkret soen, dass d'Konte vum Transport, d'Konte vun der Distributioun a vun der Liwwerung musse sonner opgefouert ginn. Dat gëllt och erëm eemol fir déi Lëtzebuurger Entrepen, well si bal alles maachen oder op d'mannst zwou vun deene Fonctiounen hunn, wou d'Gesetz virschreift, dass se dat musse maachen. Si ënnerleien natierlech och dem Gesetz vum 15. August 1915 vun de Sociétés commerciales.

Dëst ass wichteg, well och an Zukunft déi fënnef Acteuren um Lëtzebuurger Maart hir Monopolstellung kuerzfristeg wäerten halen, a soss keng aner Méiglechkeeten do sinn, wa Firmae liwweren, wéi iwwert déi Réseauen ze fueren.

Da kommen ech mam Kapitel 7 zum Kärstéck vun deem Gesetz, den Accès au réseau. Lëtzebuerg huet do optéiert fir en Accès réglementé, dee virgesäit, dass d'Tariffer musse publizéiert sinn an déi Tariffer mussen och erëm eng Kéier net diskriminatoresch sinn; si mussen transparent sinn. Si musse wäitgehend

décomposéiert an och novollzéibar sinn. Souwéisou mussen déi Tariffer vum Minister genehmegt ginn.

Wa mer vum Accès schwätzen, dann däerf a sech keng Entreprise iergendenger Firma oder engem Client den Accès refuséieren, ausser si hätt net genuch Kapassitéiten, fir de Gas ze liwweren, dee gefrot gëtt, oder wann d'Akzeptanz vun esou engem Betrib géif dozou féieren, dass d'Obligation de service public net méi kéint agehale ginn, a wa se erheblech wirtschaftlech a finanziell Schwierigkeete géif begéinen duerch déi Contrats „take-or-pay“. D'SOTEG zu Lëtzebuerg huet esou e Kontrakt mat der Belsch. Dat si Kontrakter, wou de Produzent vum Gas sech laangfristeg engagéiert, engem Client Gas ze liwweren, an dëse muss dann och dee Gas bezuelen, ob en e brauch oder net. Dat heescht, et ass béid-säiteg garantéiert. Déi Kontrakter gi relativ laang ofgeschloss, a fir Lëtzebuerg lafen déi eréischt 2010 aus. An deem Sënn kann de Maart och eréischt 2010 ganz opgoen.

Lëtzebuerg hätt awer och kéinte fir den Accès négocié optéieren. Do ginn och Tariffer publizéiert oder et ginn indikativ Tariffer gemaach, an opgrond vun deene kann awer verhandelt ginn. D'Lëtzebuerger Regierung war der Meenung, dass den Accès réglementé besser wier, well e méi transparent ass a sech dann och besser kontrolléiere léisst, mä virun allem awer dass et méi gerecht ass, well doduerch d'Betriber alleguer kënnen gläichbehandelt ginn, kee ka vis-à-vis vun deem aneren désavantages ginn.

Een anert Kärstéck vun dësem Kapitel ass dann awer, wien hei am Land an Zukunft säi Gas kann do kafen, wou hie wëllt. D'Lëscht vun deenen, déi dat kënnen maachen, gëtt am Mémorial publizéiert. D'europäesch Kommissioun kritt dat och matgedeelt, an et kënnt souguer an de Journal officiel vun de Communautés européennes stoen.

Wie kann säi Gas do kafen, wou e wëllt? Dat sinn alleguer déi, déi Stroum produzéieren. Et kënnt awer direkt eng Ausnahm. D'Ausnahm ass déi, dass d'Cogénérateuren, dat heescht déi, déi Stroum an Hëtzt maachen, fir dat emol einfach auszedrécken, ee Kontrakt mam Stat gemaach hunn, fir dass se hire Stroum zu engem ugemiessene Präis ofkaaft kréien, an dëst opgrond vum Règlement vun 1994. Dës Restriktioun ass dra komm, an d'Direktiv huet och all Land d'Fräiheet gelooss, fir do ze maachen, wéi et wëllt, mä doduerch dass d'Cogénérateuren hei zu Lëtzebuerg Avantage hunn, doduerch dass se e garantéierte Präis ganz einfach hunn, kann et och net sinn, dass se zweemol en Avantage hunn.

Et ass just dëse Punkt, deen Ulass zu Diskussiounen an deem Gesetz ginn huet. Et ass souwuel vun der Mme Wagener, wéi awer och vum Här Zanussi a

virun vum Mouvement écologique verlaangt ginn, dass déi och éligibel solle sinn. Ech mengen, dass dat awer net richtig ass. Et soll een dat Règlement, wat elo besteet, bäibehalen an deene Bedreiwer een éierbare Präis garantéieren, an an Zukunft esou agencéieren, dass och nach an Zukunft Cogénérations zu Lëtzebuerg méiglech sinn.

Et muss een allerdéngs wëssen, wann ee vu Cogénérations schwätzt, dass all Cogénérationsanlag, déi zu Lëtzebuerg gebaut gëtt, gesamt gesinn d'CO₂-Emissionen oder d'Treibgasemissionen wuel erofsetzt, an op där anerer Säit duerch all Cogénérationsanlag awer déi Emissionen, déi am Kyoto-Protokoll virgesi sinn, eropginn. Dat heescht, si schloen alleguer am Bilan, dee mer zu Kyoto musse presentéieren, negativ zu Buch. Dat ass eben eng vun de Kuriositéiten aus dësem Kyoto-Vertrag mat där mir zu Lëtzebuerg musse liewen. Do kënnen mir all gudde Wëllen opbréngen, se schloen negativ zu Buch am Kyoto-Protokoll. Mir sinn och net dat eenzeg Land, wat dat do gemaach huet. Dat gëtt och vu Regierung gemaach, wou Grénger an der Regierung sinn. Ech hunn zoufälleg d'Gesetz erausgeholl vun der franséischer Regierung, déi dësselwecht Restriktioun dra mécht fir d'Cogénérateuren, wéi mir dat zu Lëtzebuerg gemaach hunn.

Et ass och hei eng Kritik un déi zoustänneg Kommissioun gemaach ginn, dass mer déi Amendementer net am Detail ënnersicht hätten. Et kënnt ee soen, dass een dat vläicht éischer hätt kënnen maachen. Dat wat een elo awer net ka soen, dat ass, dass déi Amendementer net diskutéiert gi sinn. Am Rapport kann een noliessen, dass de Minister zu all dësen Amendementer Stellung geholl huet. Ech maachen e Mea culpa, dass mer dat net éischer gemaach hunn.

Op där enger Säit sinn alleguer déi éligibel, déi Stroum produzéieren, op där anerer Säit sinn et all aner Clienten, déi méi wéi 15 Milliounen Kubikmeter Gas d'Joer brauchen. Ee par site de consommation. Wat iwwerens och eng Kritik ass vun der Chambre de Commerce an der FEDIL, déi gesot hunn, dass si léiwer d'Definitiou an deem Sënn gehat hätten, fir dat net no Site de consommation ze kucken, mä no Groupe industriel. Dat versteet sech jo och firwat. Well et jo eng Partie Betriber gëtt, déi e puer Siten zu Lëtzebuerg hunn, a wann déi hir Betriber hätte kënnen zesummeleeën, dann hätte se scho vläicht éischer kënnen dovu profitéieren. Ech wëll allerdéngs derbäi bemierken, dass d'europäesch Direktiv 25 Milliounen Kubikmeter virgeschriwwen hat. Mir sinn do wäit drënner gaangen. Dëse Chiffer vu 15 Milliounen gëtt da vum 1. Oktober 2003 op 5 Milliounen Kubikmeter erofgesat, dat heescht, déi Betriber, déi da 5 Milliounen Kubikmeter Gas d'Joer brauchen, kënnen dann hire Gas kafen, wou se wëllen. Do seet

d'Direktiv, et misste 15 Milliounen Kubikmeter sinn. Do gi mer nach emol méi wäit. Dann den 1. Oktober 2008 geet et erof op 2 Milliounen Kubikmeter. Do huet d'europäesch Direktiv 5 Milliounen virgeschriwwen.

E véierten Abschnitt vun deem Artikel seet, dass déi Entreprises, déi zu Lëtzebuerg verdeelen, och kënnen hire Gas fräi kafen, do wou se wëllen, dat heescht, déi Betriber, déi éligibel sinn, also méi wéi 15, 5 oder 2 Milliounen Kubikmeter Gas konsumméieren. Da gëtt nach derbäi gesot, dass des Verdeelungsbetriber dann och an de Genoss komme vun der Liberaliséierung fir een Drëttel vun hirer Consommation, ofgesi vun deem, wat se scho kënnen kafe fir hir Clients éligibles, an dëst vum 1. Oktober 2006 un. Déi kënnen hire Gas integral do kafen ab dem 1. Oktober 2010. Dat huet dann erëm eng Kéier mat deene sougenannte Contrats „take-or-pay“ ze dinn, well déi véier Distributeure bei der SOTEG akafen an d'SOTEG ee Kontrakt „take-or-pay“ huet, an an deem Sënn déi aner net kënnen erausgoen, bis dee Kontrakt ofgelaf ass.

An den Artikelen 26 a 27 gëtt da geregelt, ënner wat fir enge Konditiounen mir dat mam Ausland kënnen maachen, dat heescht ee Client éligible ka säi Gas am Ausland kafen, wann deeseweichte Client dat och am Ausland selwer kéint maachen. An deenen Artikelen gëtt dat geregelt, dat ass awer méi am Detail.

Voilà! Wat bedeit dat elo fir Lëtzebuerg? Wat fir eng Ouverture bedeit dat elo fir de Lëtzebuerger Maart? D'europäesch Direktiv huet nämlech virgeschriwwen, datt ab dem 10. August 2000 de Gasmarché fir 20 % muss op sinn, dat heescht 20 % vun deenen, déi Gas kafen, müssen dat um fräie Maart kënnen maachen. Ab dem 10. August 2003 geet dat erop op 28 %, an ab dem 10. August 2008 geet et erop op 33 %.

Lëtzebuerg erfëllt déi Konditiounen wäitgoend oder méi wéi wäitgoend, well direkt an der éischter Etapp de Lëtzebuerger Gasmaart ëm 51,1 % op geet, wa mer déi Clienten huelen, déi méi wéi 15 Milliounen Kubikmeter konsumméieren. Kënnt d'Gasdampfturbin vun Esch derbäi, da geet dee Prozentsatz souguer erop op iwwer 72 %.

An enger zweeter Etapp, dat heescht wann den 1. Oktober 2003 de Seuil op 5 Kubikmeter erof gesat gëtt, geet de Maart fir 74 % op. An der drëtter Etapp, dat ass wann d'Distributeuren - déi, déi de Gas verdeelen - zu engem Drëttel derbäi kommen, geet de Marché bis zu 81,7 % op. An enger véierter Etapp, wann de Seuil iwwer 2 Milliounen Kubikmeter erausgeet vum Verbrauch vu Gas, geet e bis zu 83,5 % op. An an enger fënnefter Etapp, 2010, wann d'Distributeuren integral kënnen vun der Liberaliséierung profitéieren, ass de Maart zu 99,2 % op. Dat heescht ab 2010 ass de Maart integral hei zu Lëtzebuerg op.

Da fanne mer nach d'Artikelen 29 an 30, wou et a sech drëm geet, datt wann déi Betriber do ënner sech net eens ginn, wat d'Tariffer oder den Accès ugeet oder iergendeen anere Problem tëscht hinnen opsteet, da kënnen se bei d'Autorité de régulation goen. Dat ass zu Lëtzebuerg den Institut luxembourgeois de régulation, deen ursprüngelech Institut de télécommunication geheescht huet, deen da versicht, ze conciliéieren an d'Leit derzou ze bréngen, sech eens ze maachen.

De Statsrot huet gemengt, et géif net duergoe mat der Conciliation, déi deen Institut de régulation als Missioun hätt, mä dee misst effektiv kënnen regelen. Ech mengen, et steet deemnächst nach en anert Telekommunikationsgesetz an d'Haus, wou mer an der Kommission gemengt hunn, mir sollten awer elo net dee Projet hei an d'Längt zéien, mä da versichen, dat an engem nächste Gesetz ëmzeänneren, respektiv wann e sonnert Gesetz kënnt iwwert den Institut luxembourgeois de régulation, wat jo och méi laang vum Statsrot gefrot ginn ass.

Am Kapitel 7 geet et ëm d'Schlussdispositiounen. Am Artikel 32 gëtt gesot, wéini datt de Stat a sech kann „réquisitionnéieren“, dat am Fall vun enger Kris. Do gëtt beschriwwen, wéi dat gemaach gëtt. Am Artikel 23 gëtt nach eemol déi Autorité de régulation geschaf fir de Gassektor. Den Artikel 34 seet, datt all déi Acteuren eng Autorisation hunn, déi elo schonn do sinn.

Zum Schluss wollt ech dann awer nach soen, datt mat dëser Direktiv nach eng aner ëmgesat gëtt, nämlech d'Direktiv 95/49, déi a sech de legale Kader setzt an och festleet, ënner wat fir enge Konditiounen op de groussen Réseauen de Gas kann transitéieren. Lëtzebuerg hat sengerzäit déi Direktiv ëmgesat op Grond vun engem Arrêté ministériel, andeem datt déi Konvention publizéiert ginn ass, déi d'SOTEG hat mat deenen anere groussen Réseauen, déi um europäesche Gasmaart operéieren. Et ass gemengt ginn, dat géif keng grouss genuch Sécurité juridique hierginn, an dofir ass dat dann och elo en deem Gesetz hei festgehalen ginn.

Ech géif lech dann nach just zielen, wat d'Chambre de Commerce gesot huet. Si huet et begréisst, datt mer méi wäit gi wéi d'Direktiv, huet allerdéngs bedauert, datt mer net nach méi wäit ginn. Si bedauert och, datt déi Direktiv mat engem gewëssene Retard hei ëmgesat ginn ass. Si ass der Meenung, datt mer an Zukunft de Maart méi séier sollten opmaachen an datt ab 2010 all Consommateur, och d'Ménagen, kéinte Client éligibel sinn.

Si ass da selbstverständlech der Meenung - ech hunn dat scho gesot -, datt net par site de consommation soll gerechent ginn, mä par groupe. Si ass och der

Meenung, datt d'Betriber näischt dierften zum Bezele vun der Autorité de régulation bäidroen, well si net dora vertruete sinn. Et ka jo awer net sinn, datt d'Acteuren dora vertruete sinn!

De Conseil d'Etat huet déiselwecht Reproché gemaach wéi beim Stroumliberaliséierungsgesetz a gemengt, mir géifen hei vill ze vill virsichteg virgoen. E bedauert och, datt d'Grossisten net um Maart hei kënnen aktiv sinn. Dann huet e gesot, datt e Gesetz misst gemaach ginn iwwert den Institut luxembourgeois de régulation an - ech rappeléieren dat - se haten eng Opposition formelle ugekënnegt, wa mer d'Artikelen iwwert d'Utilisatioun vum Domaine public et privé net hei mat era geholl hätten.

Voilà, dëst gesot, sinn ech um Schluss vu mengen Ausféierungen ukomm. Wat dat Gesetz elo fir Lëtzebuerg direkt bréngt, weess kee bei engem Maart, deen och zu Lëtzebuerg - dat muss een awer och soen - no der Liberaliséierung nach en zimlech monopolistesche Charakter huet, och wann doduerch Barriären opgehewe ginn. Mä do loosse mer eis dann iwwerraschen. An deene leschte Jore war de Präis zu Lëtzebuerg relativ stabil an ass fir d'Ménage lues a lues erof gaangen.

Méiglech ass et awer och, datt, nodeem mir dat Gesetz hei ëmgesat hunn an no där lescht Ouverture, dat heescht wann déi lescht drukommen, fir hire Gas ze kafen, wou se wëllen, dat Gesetz hei scho laang iwwerholl ass. Net méi spéit wéi viru 14 Deeg ass schonn erëm eng Kéier zu Bréissel diskutéiert ginn, fir déi Liberaliséierung net nëmme vum Gas, mä vum europäeschen Energiemaart méi séier virun ze dreien. Do ass d'Iddi dann, fir bis 2005 d'Consommateuren alleguer éligibel ze maachen, dat heescht datt schonn ab 2005, an net ab 2010, och d'Ménage kéinten hire Gas do kafen, wou se wëllen.

Mä bis 2005 sinn et jo nach en etlech Joren, a well dat nach en etlech Jore sinn a mir gehale sinn, déi Direktiv hei ëmzesetzen, géif ech lech invitéieren, dat Gesetz hei ze stëmmen, a soen lech och merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Ady Jung agedroen. Den Här Jung huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Ady Jung (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech am Numm vun der CSV-Fraktioun dem honorablen Deputéierten Emile Calmes fir säin excellente schrëftleche Rapport iwwert de Projet de loi 4697 félicitéieren. Ech soen him och merci fir den ausféierleche mëndleche Rapport, dee mir et erspuert, op vill Eenzelheeten anzegoen, an

lech et erspuert, viles zweemol mussen nozelauschteren.

Et ass gewosst, datt fir e Land wéi Lëtzebuerg mat engem staarken Industriepotenzial a mat enger dynamescher Wirtschaft d'Energien, wéi d'Elektriséit awer och den Erdgas, vu gréisster Wichtigkeet sinn. Ass et net och eng Chance, datt ëmmer méi Haushalter an och Bürosgebaier mat Erdgas gehëtzt ginn, an domat de Masuttverbrauch zrëckgeet, wat eis Ofhängegkeet vu Petrolprodukter a Grenzen hält, dëst souwuel wat d'Liwwerproblemer, wéi och wat d'Präisser betrëfft?

Wann een allerdéngs vun Onafhängegkeet schwätzt, da muss een och dofir suergen, datt bei deene verschiddenen Zorte vun Energien, déi zum Fonctionnement vun enger moderner Gesellschaft noutwendeg sinn, all Facettë stëmmen:

1. d'Sécherheet vum Produkt um Transportwee bis hin op déi Plaz, wou et säin Zweck erfëlle muss;
2. d'Garantie vun der Liwwerung zu all Moment vum Dag, awer och besonnesch bei plötzlechem Wiederëmschwong, wou mir hei zu Lëtzebuerg jo e Lidd dervu sange kënnen;
3. d'Qualitéit vum Produkt Erdgas, déi och hir Auswirkungen op d'Ëmwelt huet, an
4. de Präis, deen eng wesentlech Roll spillt, souwuel fir d'Familljen, wéi och fir d'Betriber, an net zulescht fir d'Industrie, déi um internationale Maart konkurrenzfäeg muss sinn.

Dës Argumenter hunn hir Bedeitung an der Direktiv iwwert d'Elektriséit an hu genoe sou hir Bedeitung an der EU-Direktiv iwwert den Erdgas. An deem Kontext wëll ech versichen, déi Wieder op lëtzebueresch erëmzeginn, déi d'EU-Kommissioun an hirem Rapport fir d'Europaparlament formuléiert hat:

„E communautaire Maart ouni Grenzen erméiglecht eng vereinfacht a méi vielfälteg Versuergung mat Energie a bitt méi eng grouss Sécherheet um Gebitt vun der Energieversuergung an der europäescher Gemeinschaft. Eng méi staark Konkurrenz am Energiesektor verbessert a verstärkt och d'Leeschtingsfäegkeet vun deem Sektour um EU-Plang.

D'verstärkt Konkurrenz wäert donieft dozou féieren, datt d'Tariffer, dat heescht d'Präisser, sech reduzéieren am Interesse vun den Energieverbraucher, wat sech besonnesch um industrielle Plang positiv op d'Konkurrenzfäegkeet vun de Betriber auswierke wäert.

De Marché unique huet de Wuesstum, d'Leeschtingsfäegkeet, sou wéi och d'Erhalen an d'Schafe vun Aarbechtsplaze stimuléiert. Fir d'europäesch Gemeinschaft stellt sech also net d'Fro, fir ee Bannemaart am

Energieberäich ze realiséieren, mä vill méi, wéi een dat op déi effikassst Manéier maache kann.“

Souwäit zu den Argumenter, déi, wéi gesot, am Rapport vun der Commission européenne stoungen an och am Exposé des motifs vum Projet de loi 4697 zitéiert ginn, fir d'Wichtigkeet vun der Liberaliséierung vum Energiesecteur ervirzesträichen. Well mer doriwwer eraus gehale sinn, an engem virgeschriwwenen Zäitraum EU-Direktiven an nationaalt Recht ëmzesetzen, huet de Wirtschafts- an Energieminister den 18. August 2000 dëse Projet de loi déposéiert, deen ausféierlech an der zoustänneger Kommissioun erklärt an diskutéiert gouf.

Ech wëll hei ervirhiewen, datt de Minister Henri Grethen op all d'Froen, déi him an der Kommissioun gestallt goufen, eng kloer a berouegend Äntwert hat, sou datt mer gleewen, datt sech déi vill Reglementer, déi als Ausféierungsbestëmmungen ze huele sinn, am Geescht vun engem „korrekte Präis“, wéi sech de Minister ausgedréckt huet, geholl ginn, awer och den Zweck vun engem duerchsichtegen Erdgasmaart hei zu Lëtzebuerg, wéi och europawäit, erfëllen.

Et handelt sech hei ëm eng héich technesch Matière, woubäi nach Erfahrungs gesammelt musse ginn, an dofir sinn eng ganz Rei vu Reglementer noutwendeg, fir dass dëst Gesetz och an d'Praxis kann ëmgesat ginn. Et ass gewosst, datt bis haut d'Société anonyme SOTEG fir de gesamten Import vun Erdgas an eist Land gesuergt huet. An dëser Gesellschaft mat fënnef Aktionären huet de Lëtzebuerger Stat 31 %, d'ARBED 20 %, Ruhrgas 20 %, d'CEGEDEL 19 %, a Saar Ferngas 10 %. Donieft beméie sech véier Organismen, fir d'Verdeelung um lokale Plang ze garantéieren, an dat sinn: d'Usine à Gaz vun der Stad Lëtzebuerg, d'Usine à Gaz vun der Stad Diddeleng, d'Société anonyme Sudgaz, déi 15 Südgemeenge beliwwert, an d'Société anonyme Luxgaz Distribution, déi zënter 1990 beméit ass, datt landeswäit, sou wäit et méiglech ass, all Haushalt an aner Intressente mat Erdgas versuergt kënnen ginn.

Et muss ee feststellen, datt bis haut en de-facto-Monopol an den Hänn vun der SOTEG engersäits, sou wéi och vun deene véier virgenannten Organismen anerersäits, bestanen huet, deen elo an enger koordinierter Zäituerdnung ofgebaut muss ginn.

Well awer schonn am Joer 2003 de Maart fir méi wéi 50 % opgeet, sou ass et noutwendeg, datt engersäits d'Ausféierungsreglementer sou séier wéi méiglech geholl ginn, op där anerer Säit musse sech d'Verdeelergesellschaften esou organiséieren, datt déi noutwendeg Duerchsichtigkeitkeet, speziell wat d'Transportnetz ubelaangt, garantéiert gëtt. Heizou gehéiert virun allem eng Comptabilité analytique, déi all Aktivitéite separat ausweist.

Dëst ass erfuerdert, well all sougenannte Client éligible déi bestoend Leitungsnetzer zu reellen Transportpräisser benotzen däerf. Heibäi muss de Benotzer nach eng Rei vu Konditiounen erfëllen, déi net zulescht och der Liwwergarantieklausel „take or pay“ ënnerleien. Wichtig ass awer och ze bemierken, datt de Minister gehalen ass, e Plan décennal d'approvisionnement ze erstellen.

Eng sougenannten Autorité de régulation ass virgesinn fir de Fonctionnement an d'Respektéiere vun dësem Gesetz ze iwwerwaachen, an et läit am Kompetenzberäich vun dëser Autoritéit, drastesch Strofen ze verhängen am Fall vu Verstéiss géint gesetzlech a reglementaresch Bestëmmungen.

Den Erdgas gëtt net nëmme fir Haushalts-, Heiz- an Industriebeschränker gebraucht, mä och an de Blockkraaftheizwierker, wou als Nieweprodukt elektresche Strom produzéiert gëtt, deen iwwert d'Gesetz vun 1994 privilegiéiert an d'elektresch Verdeelernetz agespeist gëtt. Hei hu mir Vertrauen an den Energieminister, datt hie gewësse Prerogative vun dëser Cogénérationsanlage weiderhin ënnerstëtzt a gegebenenfalls noutwendeg Moossnamen ënnerhëlt, fir datt och méi kleng Anlagen net onrentabel ginn.

An enger Motioun, déi de Kolleg Claude Meisch abréngt, biede mir d'Regierung, hir volontaristesche Ënnerstëtzungspolitik vun erneierbaren Energien, sou och vun de Cogénérationsanlagen, net a Fro ze stellen.

Och sief an dësem Zesummenhang drop higewisen, datt am Laf vun dësem Jor zu Esch-Uelzecht d'Centrale Turbine-Gaz-Vapeur a Betrib geholl gëtt, eng Zentral, déi mat Erdgas bedriwwen gëtt a bis zu 350 Megawatt elektresche Strom produzéiert.

Mat dëser Bemierkung wëll ech d'Aversteesdemech vun der CSV-Fraktioun zu de 35 Artikelen iwwert d'Organisatioun vun der Liberaliséierung vum Erdgasmaart matdeelen. Zousätzlech approvéeiert d'CSV awer och d'Artikelen 35 a 36, woumat iwwert d'Zousatzbestëmmungen zum Gesetz vum 24. Juli 2000 léigiféiert gëtt.

Well mir als CSV d'Regierungsarbecht voll a ganz ënnerstëtzen, begrësse mer och dëse Projet de loi, dee mir selbstverständlech stëmme wäerten!

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no der Diskussioun am Mee d'lescht Joer iwwert d'Liberaliséierung vun de Stromliwwen-

rungen, diskutéiere mer haut iwwert d'Ëmsetzung vun der Direktiv am Zesammenhang mat der Liberaliséierung vum Gasmarché.

D'Ëmsetze vun der Direktiv iwwert d'Stroumliberaliséierung hat eng ausgiebig Diskussioun hei an der Chamber an an der Kommissioun ausgeléist. D'Thema erneierbar Energië war deemools den Ulass fir déi Diskussiounen. D'Fraktiounen hunn Amendementer gemaach; et si Motiounen déposéiert ginn; an der Kommissioun sinn eng Rei vun Hearingen organiséiert ginn. Et konnt een deemools schonn an der Diskussioun an herno am Plenum feststellen - op d'mannst war dat eis Aschätzung -, dass d'Regierung d'Thema Nohaltegkeet a Klimaschutz net allzevill eescht hält an éischter hallefhäerzeg un déi Fro erugaangen ass. Dofir huet och d'LSAP deemools deen Text net gestëmmt.

Et kann een awer soen, dass mer deemools am Mee 2000 op d'mannst eng anstänneg a korrekt Diskussioun an der Kommissioun an an der Chamber haten. Wa mer elo hei iwwert d'Ëmsetzung vun der Direktiv iwwert d'Gasliberaliséierung schwätzen, muss ee feststellen, dass hei emol keng anstänneg Diskussioun méiglech war a keng anstänneg Diskussioun heiriwwer vun der Majoritéit gewënscht an zouge-looss ginn ass.

Et ass bal en Hohn, wann ech hei d'Aussoe vum Här Jung héieren, dee gesot huet, den Här Minister hätt grousszügig op all Froen an Interventiounen an der Chamberkommissioun geäntwert.

(Interruption)

Effektiv, datt ass richteg . . .

(Interruption)

Här Jung, am Géigesaz zu lech, mengen ech, war ech all Kéiers derbäi!

M. Ady Jung (CSV).- Da musst Der emol nokucken!

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, huet den Här Jung d'Wuert oder ech?

(Interruptions)

M. le Président.- Loosst den Här Zanussi schwätzen!

M. Marc Zanussi (LSAP).- Ech wëll just soen, dass den Här Minister vläicht op déi Froe geäntwert hat, mä dass déi lescht Sitzung, déi mer haten, leider nëmme 17 Minutte gedauert hat an datt et do relativ schwéier war, vill Froen ze stellen. Doropshin ass et also wierklech zimlech affrontéiert ze soen, et hätt eng anstänneg Diskussioun doriwwer stattfonnt.

Et muss een och wëssen - an ech widderhuelen dat hei op der Chambertribün nach eng Kéier -, dass de Rapport vum Rapporteur dëschdes owes um Courier

électronique war, dass donneschdes moies d'Sitzung gedauert huet vun 20 vir 9 bis 9 Auer an dass an där Sitzung de Rapport huet missen ugeholl an den Avis vum Conseil d'Etat diskutéiert ginn. Ech behaupten hei a bleiwen och bei där Meenung, dass dat keng seriö parlamentaresch Aarbecht ass.

Mir hunn als Fraktioun deemools gefrot, dass iwwert de Rapport sollt diskutéiert ginn an dass en an enger nächster Sitzung sollt zur Ofstëmmung kommen. Dee Virschlag ass no enger ganz kuerzer Diskussioun vun annerhalwer Minutt mat 5 géint 4 mat de Stëmme vun der Majoritéit ofgelehnt ginn.

Dobäi koun nach dee Phenomeen, deen ech bis elo nach net erlieft hunn, dass Amendemente vun enger Fraktioun - dës Kéier vun där grénger Fraktioun -, déi agereecht gi sinn an - wéi mer an der Interventioun vum Här Bausch gëschter héieren hunn - och am Zäitplang agereecht gi sinn, einfach net op den Ordre du jour an net zur Diskussioun komm sinn. Dat ass - wéi gëschter oder virgëschter richteg gesot ginn ass - e Skandal!

Ech wëllt wierklech d'Majoritéitsparteien invitéieren, vun där doter Aart a Weis, fir mat der Oppositioun ëmzegoen, ewech ze kommen. Wa se dat net maachen, wäert ech vun all Geleeënheet profitéieren, wou dat do nach eng Kéier virkënnt, fir et net nëmme der Press matzedeelen, mä et och hei, op der Tribün ze dénoncéieren, well dat keng anstänneg parlamentaresch Aarbecht méi erlaabt.

D'Argument, dass deen Text huet missen an 10 Minutten deen Dag acceptéiert ginn, well mer soss ënner Emstänn vum europäesche Gerichtshaff condemnéiert gi wieren, woen ech a Fro ze stellen.

(Interruption)

Wann den europäesche Gerichtshaff gesäit, dass een an enger parlamentarescher Prozedur ass, ass et him wahrscheinlech egal, ob et dësen oder dee Mount drop gestëmmt gëtt. Ech mengen, dat ass kee Grond fir dëst Hauruckverfahren ze applizéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech stelle just fest, dass dee vun der Demokratescher Partei virun de Walen ëmmer erëm an d'Fënster gestaltene Wonsch no Dialog a fairer Diskussioun an dësem Fall net applizéiert ginn ass.

(Interruption)

Ech kann och dem Här Calmes keen oprichtege Merci fir säi Rapport ausschwätzen, wann de Merci méi soll si wéi eng Floskel, ganz einfach well déi Diskussioun net konnt gefouert ginn, ouni awer elo wëllen iwwert säi Fläiss oder seng Aarbecht ze jugéieren, mä einfach iwwert d'Virgoensweis. Dofir kann ech dee Merci also hei net an där doter Form ausschwätzen.

Wa mer iwwert d'Direktiv schwätzen, déi vun 1998 staamt, an et suivéiert ee parallell dozou d'Press, da stellt ee fest, dass, wat d'Liberaliséierung ubelaangt, d'Etappe méi séier kommen, wéi se eventuell vun eis geduecht oder virgesi waren. Mir schwätzen hei am Gesetzestext vun Etappe vum Joer 2003, 2006, 2008, 2010; wann een an deene leschten Deeg d'Press suivéiert huet, huet een, wéi gesot, festgestallt, dass et mat der Liberaliséierung vum Stroum- a Gasmarché méi séier viru geet, wéi mer dat an dësem Text gemengt hunn, an iwwerhaupt mat der Liberaliséierung insgesamt méi séier viru geet, wéi et eis vläicht an deem engen oder anere Beräich léif ass.

D'EU-Kommissioun huet den 13. Mäerz - wann dat richtig ass, wat an der Press steet - en neie Moossnamepaquet virgeschloen, wat d'Liberaliséierung vum Gas- an Elektrizitéitsmaart ubelaangt, a proposéiert, dee Maart méi séier wéi bis elo op ze maachen. D'Ursaachen, déi zu där Positioun vun der EU-Kommissioun gefouert hunn, sinn all kéiers déiselwecht, wann et ëm d'Diskussioun Liberaliséierung geet: éischters e faire Wettbewerb, zweetens d'Schafe vun engem europäesche Bannemaart, drëttens d'Sécherung vun der Versuergung a véiertens de Konsumenteschutz. Déi Virschléi, déi do leien, sinn offensichtlech d'Resultat vum Sommet vu Lissabon, wou d'Kommissioun opgefuerdert ginn ass, Virschléi an déi dote Richtung ze maachen.

D'Virschléi, déi elo um Dësch leien - den Här Calmes huet se och scho virdrun zitéiert - ginn a Richtung, dass ab dem Joer 2003 fräi Wiel vun der Stroumversuergung soll antrieden, 2004 soll datselwecht fir de Gasmarché gëllen a vum Joer 2005 un soll alles total op sinn. Domat soll an de Virschléi dra sinn, dass et an Zukunft keng Diskriminéierung méi dierf ginn tëschent deenen, déi d'Gewënnung, d'Produktioun an de Verkaf organiséieren. Alles dat wäert Ännerungen an der Situatioun mat sech bréngen.

Et wär interessant gewiescht, dee Moment, wou dat dotent bekannt war, an der Chamberkommissioun eng kéier driwwer ze diskutéieren, wat dann d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung am Zesummenhang mat deenen heite Virschléi ass. An der Press konnt een och liesen, dass e Freideg an e Samschdeg um Sommet vu Stockholm iwwert déi dote Virschléi diskutéiert gëtt. Et wier dann ëmsou méi interessant, wa mer et schon net konnten an der Kommissioun maachen, dass vläicht den Här Grethen eis herno seet, wat d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung an där do Fro ass.

Et weess een, dass den Här Jospin fir méi eng virsiichteg, etappeweis Liberaliséierung plädéiert, an dass Däitschland awer op de Wee vun enger méi radikaler a schneller Öffnung vum Marché geet. Et wär,

wéi gesot, interessant, herno d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung an dëser Fro ze kréien.

Elo nach eng kéier zur Diskussioun vum Gesetz a vum Rapport. De Rapport ass effektiv op Basis vum Exposé des motifs geschriwwen ginn. Eng Diskussioun war jo net méiglech an där Kommissioun do, sou dass u sech och doriwwer net allze vill dra steet. Dann ass d'Thema vun der Liberaliséierung vum Stroum a vum Gas ëmmer en interessante Préifsteen, fir ze kucken, wéi eescht d'Regierung et hält mam Thema Nohaltegkeet, Klimaschutz a mat eisen Engagementer am Zesummenhang mat der Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen.

Ech hu virdu scho gesot, dass den Text iwwer d'Stroumliberaliséierung eis net iwwerzeegt huet. Den Text, wat d'Gasliberaliséierung ubelaangt, ass do net vill besser. Wann deen Text, dee mer hei virdu presentéiert kritt hu vum Här Rapporteur, och sécherlech eng ganz Rei vun techneschen Elementer enthält, sou enthält en awer och eng ganz Rei politescher.

Et ass scho relativ vill Phantasie verlaangt, fir an engem Text wéi dësem och nach Konflikter sichen ze goen. Mä dës Regierung huet jo en aussergewöhnlecht Talent doranner, Konflikter ze fannen, wann et och bal onméiglech ass. Et ass hir op jidde Fall gelongen, ee Konflikt mat den Ëmweltschutzorganisatiounen, ënner Ëmstänn och mam Ëmweltminister, deen allerdéngs och aus darselwechter Partei kënnt wéi de Wirtschaftsminister, ze provozéieren.

Et weess een, dass et, wat den Ëmwelt- an de Wirtschaftsminister ugeet, zwou ënnerschiddlech Politiken an deem heite Beräich gëtt. Engersäits mécht den Ëmweltminister Ustengungen, fir erneierbar an ëmweltschounend Energieforme grousszügeg ze fuerderen; de Wirtschaftsminister geet hin a mécht iwwert de Wee vun dësem Gesetz an iwwert d'Diskussioun vum Règlement grand-ducal vun 1994, wat d'Ënnestëtzung vun de Cogénératiounsanlagen ubelaangt, eppes anescht.

Wann dat richtig ass, wat an der Press an an de Medie stoung, da geet et drëm, fir de Règlement grand-ducal vum 30. Mee 1994 dohigend ze änneren, dass d'Aspeisungstariffer zu Ongonschte vun de Cogénératiounsanlage sollen ëmgeännert ginn. Mir hunn dofir als Fraktioun och een Amendement presentéiert, deen, wéi gesot, an der Kommissioun nëmme kuerz konnt diskutéiert ginn an dee mer hei nach eng kéier wollten dem Parlament zur Ofstëmmung virleeen.

Deen Amendement beschäftegt sech mam Artikel 25 vum aktuellen Text, wat d'Eligibilitéit vun den Entrepreneuren ubelaangt, déi ënnert d'Liberaliséierung solle falen. Mir soe ganz einfach, dass, wat d'Cogénératiounsanlagen ugeet, och souguer am Joer 2008, wou

de Konsum bei 2 Milliounen Kubikmeter Gas läit, et ganz schwéier fir kleng a mëttel Cogénératiounsanlagen ze erreeche wäert sinn.

Ech kann lech zum Beispill soen, dass, wat déi Cogénératiounsanlage vun der Stad Diddeleng am Centre Hartmann ubelaangt, ee mol un deem Taux vun 2 Milliounen och am Joer 2008 wahrscheinlech net kënnt an dofir net vun där Liberaliséierung ka profitéieren. Déi 2 Milliounen, déi an de Raum gesat gi sinn, dat ass ee ganz grouss Chiffer. Dat bedäerft engem Réseau vu minimal 300 Eefamilljenhaiser. Och aner eenzel Cogénératiounsanlagen, déi falen net dorënner. Mir hunn dofir en Amendement proposéiert, wou mer soen, dass, wat d'Tauxe vun der Eligibilitéit ubelaangt, déi net mussen esou am Text stoen. D'Direktiv am Artikel 18 gesäit dat och net vir a mir plädéieren derfir, dass déi Tauxen net méi am Text figuréieren, an domat och déi aner Cogénératiounsanlage vun deene Virdeeler kënne profitéieren.

Am Klortext heescht dat, wann den Text esou gestëmmt gëtt, wéi en elo virläit, déi kleng Cogénératiounsanlagen net vun där Liberaliséierung kënne profitéieren an domat hir Konkurrenzfähigkeit an hir Wirtschaftlechkeet vis-à-vis vun anere classeschen Heizungsanlage ganz klor an däitlech zréckgeet.

D'Direktiv gesäit net vir, dass esou Quoten do agefouert ginn, a mir gesinn och weder e wirtschaftspoliteschen nach en ökologesche Sënn doran, déi Quoten oprecht ze halen, ausser et kënnt een zur Konkusioun, dass ee bewosst déi grouss Cogénératiounsanlage vis-à-vis vun deene kleng wëllt bevirdelegen. Mir hu jiddendfalls als Fraktioun eng aner Meinung doriwwer an dofir hu mir deem Amendement nach eng Kéier presentéiert.

Wann deem Amendement géng acceptéiert ginn, denken ech, dass Konflikter mat den Ëmweltschutzorganisatiounen nach kënnte verhënnert ginn. Mir hätten et als LSAP méi einfach, deem Projet hei zouzestëmme, wéi an enger Situatioun wou esou een Amendement net erëmfanne wier, an den Umweltminister wär sécherlech och méi frou mat esou engem Text wéi mat deem virleiden Text.

Dann d'Argumentatioun vum Wirtschaftsminister, an zoufälligerweis ass dat déiselwech wéi déi, déi vun der Kommissioun, op d'mannst vun der Majoritéit vun der Kommissioun, a vum Rapporteur ugefouert gëtt, fir net an déi heite Richtung ze goen, an zwar dass déi Cogénératiounsanlage jo kënne no dem Règlement grand-ducal vun 1994 vun engem erhéichten Aspeisungstarif profitéieren, a mir se also och net nach duerch d'Liberaliséierung därfe bevirdelegen. Déi Argumentatioun ass eiser Aschätzung no widderprüchlech. Engersäits muss ee wëssen, dass am Règlement grand-ducal vun 1994 eng Rei vu Cogéné-

rationen net drënner falen, well hire Verbrauch net deem Montant entsprécht, deem am Règlement virgesinn ass; op där anerer Säit géng een, wann een dat heite géif maachen, mat där enger Hand eppes ginn a mat där anerer Hand et erëm ewechhuelen. A wann ee vum Règlement vun 1994 schwätzt, geet et net drëm, een zousätzleche Virdeel de Cogénératiounsanlagen ze beschafen, mä hinnen dee Virdeel, dee se virdrun haten, einfach ze loosse, doduerch dass se awer vun der Liberaliséierung kënne profitéieren. Domat, mengen ech, wär ee richteg Schratt a Richtung vun effizientem Klimaschutz an Nohaltegkeet gemaach, a mir ginn d'Hoffnung net op, dass d'Chamber trotzdeem deem Amendement wäert stëmmen.

Amendement 1

Les paragraphes 2 et 3 de l'article 25 du texte coordonné du projet de loi relatif à l'organisation du marché du gaz naturel sont amendés comme suit:

2. Les clients suivants sont désignés comme clients éligibles:

a) les producteurs d'électricité à partir du gaz naturel, quel que soit le niveau de leur consommation annuelle utilisé pour la production d'électricité;

b) les autres clients consommant plus de 15 millions de mètres cubes de gaz naturel par an et par site de consommation.

3. Le seuil fixé au paragraphe 2 pour les clients finals autres que les producteurs d'électricité à partir du gaz naturel, est abaissé à 5 millions de mètres cubes par an et par site de consommation à partir du 1^{er} octobre 2003 et à 2 millions de mètres cubes par an et par site de consommation à partir du 1^{er} octobre 2008.

Commentaire de l'amendement

La formulation proposée à l'article 25 paragraphe 2 point a) ouvre l'éligibilité à tous les clients sans fixer de niveau de consommation annuelle. Le changement de formulation au paragraphe 3 résulte du changement apporté au paragraphe 2.

(s.) Marc Zanussi, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké.

Wat d'Diskussioun ëm de Règlement grand-ducal ubelaangt, muss ee bemerken, wéi aganks gesot, dass doriwwer en neien Text virläit, deem an d'Richtung geet, fir déi bestoend Aspeisungstariffer fir d'Cogénératiounsanlagen ze senken. Esou een Text ka vun eiser Säit aus keen Accord kréien. Et muss ee wëssen, dass wa mer hei iwwert d'Gesetz diskutéieren, dass et relativ schwierig ass, e Gesetz ze stëmmen, wou e Règlement grand-ducal vun 1994 mat deem Inhalt deem et haut ass, opgefouert ass, ouni ze wëssen, a wat fir eng Direktioun deem neie

Règlement grand-ducal geet. Dofir hu mer och als Fraktioun eng Motioun déposéiert, wou mer soen, dass dee Règlement grand-ducal mat deene Subventionne fir d'Cogénératiounsanlagen, esou wéi en elo besteet, soll bäibehale bleiwen, an dass den Taux vun deene Cogénératiounsanlagen, déi dorënner fale sollen, éischter erofgesat gëtt, fir där ëmweltfrëndlecher Energieform méi Sekurs ze ginn, wéi dat bis elo de Fall war.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *considérant les déclarations du Gouvernement de promouvoir les énergies nouvelles et renouvelables;*

- *considérant la volonté du Gouvernement de réduire les émissions du Luxembourg dans le contexte du Protocole de Kyoto;*

- *considérant le projet de loi relatif à l'organisation du marché du gaz naturel qui exclut les cogénérateurs de petite taille;*

- *considérant le projet de règlement grand-ducal portant modification du règlement grand-ducal du 30 mai 1994 concernant la production d'énergie électrique basée sur les énergies renouvelables ou sur la cogénération;*

- *considérant l'avis de la Commission de l'Environnement du 22 février 2000 qui invite à une certaine prudence quant à une réduction des prix à payer aux producteurs d'énergie*

invite le Gouvernement

- *à ne pas léser les cogénérateurs à travers une modification du règlement grand-ducal du 30 juin 1994 et notamment à travers une réduction des prix payés pour l'énergie électrique fournie au réseau;*

- *à étendre aux cogénérateurs de petite taille l'avantage des prix payés pour l'énergie électrique fournie au réseau;*

- *à poursuivre une politique de soutien et d'encouragement des centrales de cogénération.*

(s.) Marc Zanussi, Alex Bodry, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lydia Mutsch.

Dann hat an der Kommissioun effektiv den Här Calmes gesot, d'Majoritéit géing eng Motioun hei déposéieren, wou dat, wat den Här Calmes virdru geschwat huet, géing festgehale ginn. Déi Motioun hu mer nach net gesinn. Ech hunn elo héieren, dass den Här Meisch déi déposéiere wäert. Mir waarde mat Spannung drop, wat an deem Text formuléiert ass.

Et muss ee soen, dass déi Bedenken an déi Suergen, déi mir als Fraktioun am Zesummenhank mat der

Diskussioun iwwert de Règlement grand-ducal hunn, net nëmmen eis Suergen eleng sinn, mä d'Ëmweltkommissioun vun der Chamber huet sech ebenfalls domat beschäftegt an eng relativ klor Sprooch dozou geschwat. Ech denken, dass et souwuel fir de President vun der Ëmweltkommissioun, deen och Rapporteur vun dësem Text ass, schwierig wäert ginn, seng Glafwierdegkeet net ze verléieren, wann net eng eeschthaf Motioun hei déposéiert gëtt, wou d'Absichte vun der Regierung klor dra stinn, fir déi Cogénératiounsanlage mat anstännegen Aspeisungstariffer weider ze ënnerstëtzen.

Da wollt ech nach eng Kéier drun erënneren, dass wéi mer hei iwwert d'Stroumliberaliséierung diskutéiert hunn, vun eiser Fraktioun awer besonnesch vun deene Gréngen drop higewise ginn ass, dass et an Däitschland, wat d'Liberaliséierung ubelaangt, Aspeisungstariffer deemools gi si vun 1 DM. De Wirtschaftsminister huet de 24. Mee 2000 hei op der Tribün gesot, dass esou Aspeisungstariffer fir hien net a Fro kéimen. Haut si mer bei 22 Frang. Dat, mengen ech, ass en interessant Beispill derfir, wéi konsequent oder onkonsequent Ëmwelt- a Wirtschaftsminister an dëser Regierung zesummeschaffen.

Da wéilt ech vläicht nach soen, dass d'Ëmweltkommissioun sech den 22. Februar 2000 mat deem neien Text fir deen zukünftege Règlement grand-ducal beschäftegt huet an drop opmierksam gemaach huet, wat fir eng Virdeeler d'Cogénératiounsanlagen am Zesummenhank mat der Ekologie hunn, a si huet festgestallt: „Certaines des dispositions nouvelles risquent de contrecarrer les efforts réalisés en faveur de la cogénération au cours des dernières années.“ Dat ass eng relativ klor Sprooch. Dofir muss opgepasst ginn, wat an de Règlement grand-ducal stoe kënn, an e Gesetz ze stëmmen, wou een den Inhalt vun deem zukünftege Règlement grand-ducal net kennt, kennt enger Kaz am Sak gläich, wat net ze acceptéieren ass.

Da wollt ech nach ee Wuert verléieren iwwert d'Fro vun den öffentleche Gaswierker. Dee Punkt ass och virdru vum Här Jung ugeschnidde ginn. Effektiv falen déi Gaswierker ënnert d'Liberaliséierung. D'Diddelenger Gaswierk huet e Gasverbrauch vu ronn 19,2 Milliounen Kubikmeter d'Joer a mat 5.200 Haushalter fält et ganz liicht ënnert dës Liberaliséierung.

Bei där éischter Präsentatioun vum Text, déi iwwregens ganz gutt an interessant war, hate mer d'Hoffnung, et géing eng intensiv Diskussioun nokommen, ier mat der Dampwalz iwwert dës Projet gefuer géing ginn. Ouni domat awer den Här Grethen ze mengen, ass am Zesummenhank mat den öffentleche Gaswierker gesot ginn, dass doriwwer am Intérieur géif geschwat ginn, wéi déi Gaswierker sech solle verhalten, fir konform ze sinn zu der Direktiv, well déi Ëmännerung heescht eng ganz Rei vun Neierungen.

Et muss eng getrennte Kontabilitéit gemaach gi vun de Gaswierker. Si därfen net méi an de Gemengebudgeten optauchen. Et muss e Bilan d'ouverture gemaach ginn, dat heescht eng finanziell Ofschätzung vun der Infrastruktur an Ähnlech méi. Deemools gouf gesot, et kéint ee sech vertrauensvoll un den Intérieur wenden, fir doriwwer ze schwätzen, wéi een dat sollt organiséieren, fir net herno Schwieregkeete bei der Genehmigung vum Budget ze kréien. Déi Hëllefstellung ass bis elo nach net agetrueden, an et wär interessant, wann d'Regierung géing dem Intérieur déi noutwendeg Instruktiounen ginn, déi een un d'Gemenge kéint weiderleeden, well den Datum wou déi gesetzlech Bestëmmungen a Kraaft trieden, ass net méi esou wäit ewech, an d'Gemenge müssen d'Geleeënheet hunn, sech dorop kënnen virzebeereeden.

Et muss een och wëssen, dass d'Direktiv näischt dermat ze dinn huet, dass d'Gemengen, d'Gaswierker, d'Réseaux privatiséiert ginn, mä dass an Zukunft en Drock op d'Präisser wäert kommen, well d'Gehälter vum Personal, dat an deene Gaswierker schafft, an de Bilan muss optauchen. Ouni Zweifel, wann een dat wëllt anstänneg féieren, wäert dat säin Afloss op de Kubikmeterpräis vum Gas hunn, esou dass mëttelfristeg do en Drock wäert entstoën, deen een net aus den An sollt verléieren.

Als Konklusioun bedauern ech nach eng Kéier, dass déi Diskussioun an der Chamberkommissioun zum Schluss net esou konnt gefouert ginn, wéi mir eis dat gewünscht hunn, an ech géing wierklech deen Appel un d'Demokratesch Partei widderhuelen, der Oppositioun deen néidege Respekt entgéintkommen ze loossen, well méiglecherweis musse si a kierzester Zäit och schonn erëm dervu profitéieren.

Weider stellen ech fest, dass dee virleienden Text, ouni ze wëssen, wat den Inhalt vum deem zukünftege Règlement grand-ducal ass, an ouni definitiv a verséchernd Absichtserklärungen vun der Regierung, schwéier ze stëmmen ass.

Leschtens mengen ech, dass deen Text, wann en esou virleie bleift, de Prinzipie vun der Nohaltegkeet net entsprécht, wat et fir eis als Fraktioun ganz schwéier mécht, fir eis Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Claude Meisch.

M. Claude Meisch (DP). - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, no der Liberaliséierung vun dem Stroummaart steet haut déi vum Gasmarché um Ordre du jour. A wéi scho virun e puer Méint, huet de Rapporteur Emile Calmes eis en excellenten an ëmfangräiche schrëftlechen a mëndlechen Rapport an dëser ganz

technescher a komplexer Matière presentéiert. Ech brauch duerfir net méi am Detail op déi eenzel Dispositiounen vun dësem Gesetz anzugeen.

Erlaabt mer awer fir d'alleréischts ze ennersträichen, datt d'Regierung mat dësem Projet de loi dee Spillraum fir eng Liberaliséierung vum Gasmarché, wéi e vun der EU-Direktiv virgezeechent gëtt, net ganz ausnotzt. Esou ass et hei am Land zum Beispill weiderhin net erlaabt, just als sougenanntene Grosiste opzetrieden, also just op där enger Säit Gas anzekafen, fir en duerno op där anerer Säit erëm ze verkafen, ouni awer dobäi den Endverbraucher ze errechen.

Wichtig ass och, an de Rapporteur Emile Calmes huet et schonn ennerstrach, datt mat dësem Text keng wëll Liberaliséierung ugestriift gëtt, wou de kuerzfristeg Gewinn alles ass, an déi mëttel- a laangfristeg Versuerung riskéiert ze kuerz ze kommen. Fir ähnlech Situatiounen ze verhënneren, wéi mer se dëser Deeg um kalifornesche Stoummaart gesinn hunn, wou, opgrond vun engem Engpass vun de Kapassitéiten, d'Luuchten ausgaange sinn, gesäit d'Gesetz vir, datt de Stat Zéngjorespläng iwwert den Approvisionnement opstellt.

Erlaabt mer awer och, am Kader vun dëser Debatt e weideren Niewenaspekt vun der Liberaliséierung vum Gasmarché ze belichten, an zwar dee vun der Cogénération.

Opgrond vun deenen eenzelne Förderungsbestëmmungen huet d'Technik vun der Cogénération sech am Laf vun deene vergaangene Joren hei am Land schnell verbreet. Dobäi gëtt op där enger Säit Hëtzt produzéiert, woubäi op där anerer Säit gläichzäiteg déi iwwerschësseg Energie zur Stroumproduktioun genotzt gëtt, esou datt e Wirkungsgrad vu bis zu 80 % erreicht ka ginn. Et gëtt doduerch 35 % u Primärenergie agespuert, an d'CO₂-Reduktiounen leien an deemselwechte Beräich. D'Cogénération stellt also eng wichteg Technik fir d'Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen duer, an ass domadder eng wichteg Waff géint de sougenannten Zäreneffekt.

Wa mer vu Cogénération schwätzen, musse mer zwou Kategorien ënnerscheeden. D'Cogénération domestique, déi relativ kleng Anlage beziechent, déi mat engem Gasmotor schaffen, an d'Cogénération industrielle, woubäi eng Gas-Damp-Turbin zum Asaz kennt. Am Joer 1999 waren net manner wéi 31 Cogénérationen an der Leeschtung manner wéi 1500 kW bedréit, un d'öffentlech Netz ugeschloss. Well d'Cogénérationen de Gas als Primärenergie notzen, ass kloer, datt dëst Gesetz, dat mer haut hei wäerte stëmmen, och seng Reperkusiounen op d'Cogénérationen wäert hunn.

Et gëtt elo vu verschiddener Säit gefuerdert, datt dëst Gesetz d'Cogénératiounszentralen als „client éligible“ misst zouloossen, fir datt se vun enger eventueller Baisse vun de Gaspräisser kéinte profitéieren. Et muss een do awer bemierken, dass d'Cogénératiounsanlage momentan scho vun den Dispositiounen vum Règlement grand-ducal vum 30. Mee 1994 kënne profitéieren. Esou ginn hei zu Lëtzebuerg déi héchsten Aspeisungstariffer a ganz Europa bezuelt. Déi Anlagen, déi iwwregens net vun dësem Règlement grand-ducal kënne profitéieren, sinn duerchaus als „client éligible“ zougelooos.

Momentan gëtt dat Règlement vun der Regierung iwwerschaaft, an ech wëll bei dëser Geleeënheet nach eng Kéier un den entspreechenden Avis vun der Ëmweltkommissioun vun der Chamber erënneren, an deem proposéiert gëtt, datt d'Reduktiounen um garantiéierte Präis fir d'Aspeisung fir déi kleng Cogénératiounsanlage méi moderéiert sollen ausfalen. Och ass proposéiert ginn, fir d'Reduktioun vun deenen Tariffer eréischt an 3 Joer a Kraaft ze setzen, well fir déi meescht Installatiounen eng länger Planungszeit muss a Considéeratioun gezu ginn.

Et ass ze hoffen, dass bei der Reform vum Règlement iwwert d'Stroumproduktioun op Grond vun erneierbaren Energien an der Cogénératioun d'Aspeisungstariffer sou fixéiert ginn, dass eng Cogénératiounszentral zwar keng Lizenz duerstellt, fir Geld ze drécken, mä sech d'Investitioun an dës Technik nach ëmmer rentéiert. An deem Sënn wëll ech och hei eng Motioun areeche, déi d'Regierung invitéiert, fir hir volontaristesche Politik a Saache Fördern vun erneierbaren Energie souwéi vun der Cogénératioun weiderzeféieren.

Motion 2

Soulignant que par la création d'un cadre légal en faveur de la cogénération notamment dans le chef du règlement grand-ducal du 30 mai 1994 concernant la production d'énergie électrique basée sur les énergies renouvelables ou sur la cogénération, cette technologie a trouvé son essor au Luxembourg;

tenant compte du fait que par rapport à la situation classique d'une séparation de la production d'électricité et du chauffage individuel des immeubles une solution cogénération et réseau de chaleur urbain permet une réduction de 30 % au moins des émissions de CO₂;

considérant le projet de règlement grand-ducal visant à modifier le règlement grand-ducal susmentionné;

considérant l'avis de la Commission de l'Environnement sur le projet de règlement grand-ducal susindiqué du 22 février 2000;

constatant que conformément aux dispositions de l'article 25 de la future loi relative à l'organisation du gaz naturel, les centrales de cogénération qui choisissent de profiter des dispositions du règlement grand-ducal du 30 mai 1994 ne sont pas considérées clients éligibles;

soulignant que suite à ce choix ces centrales de cogénération ne profitent pas d'une éventuelle réduction des prix pour le gaz naturel;

observant cependant que les centrales de cogénération rentrent actuellement dans le bénéfice des dispositions de subventions prévues par le règlement grand-ducal du 30 mai 1994,

la Chambre des Députés

- approuve la décision du Gouvernement de continuer la promotion des réseaux de chaleur par des dispositions nouvelles concernant les centrales de cogénération dans le cadre de la réforme du règlement grand-ducal du 30 mai 1994;

- invite le Gouvernement à continuer sa politique volontariste de soutien aux énergies renouvelables et à la cogénération en veillant à ce que certaines des dispositions nouvelles ne contrecarrent pas les efforts réalisés en faveur de la cogénération au cours des dernières années.

(s.) Claude Meisch, Emile Calmes, Gusty Graas, Ady Jung, Marco Schank.

Ech wëll ofschléissend awer och nach op déi opgeworfene Polemik agoen, déi iwwert den Zäitpunkt vun dëser Debatt entfacht ginn ass. Et gouf do vun enger schlechter parlamentarescher Praxis geschwat, well de Rapport net zur Zäit virgeleeën hätt. Ech ginn ze bedenken, dass de Projet de rapport déi lescht Woch en Dënschde verschéckt gouf, e Mëttwoch ausgiebeg an der Kommissioun diskutéiert gouf...

(Interruption)

...an dunn och ugeholl ginn ass. D'Conférence des Présidents huet en en Donneschden op den Ordre du jour gesat. Ech sinn zwar nach net laang an dësem Haus, mä dat schéngt mer awer hei eng gängeg Praxis ze sinn. Et ass net deen éischte Projet, wou dat doten...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Et gesäit een, dass Dir nach net laang hei sidd!

(Interruptions)

M. Claude Meisch (DP).- Ech hu mer soe gelooss, Här Di Bartolomeo, och an där leschter Legislaturperiode wär dat doten eng üblech Praxis gewiescht, fir...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

... hei och wichteg Gesetzesprojeten ...

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Et soll ee sech net un de Feeler vun deenen aneren inspiréieren, mä et besser maachen!

Une voix.- Dir gitt also zou, dass Der Feeler gemaach hutt!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Majo selbstverständlech gi mer dat zou!

M. Claude Meisch (DP).- Ech stellen also fest, Här Di Bartolomeo, dass och déi lescht Legislaturperiod eng Rei Feeler gemaach gi sinn! Da kënne mer dat jo ...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Mä Dir wollt jo alles „nau“ maachen!

M. Ben Fayot (LSAP).- Da kënne mer jo déi Feeler weider maachen! Här Meisch, dat ass jo sou! Ech hat geduecht, d'DP wär ugetratt, fir alles besser ze maachen, méi demokratesch, méi Dialog!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Jo!

Une voix.- Dat geschitt jo elo!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir waart fir d'Duerchsichtegkeet vun der Transparenz!

M. Claude Meisch (DP).- Et kann ee jo zouginn - et deet mer leed fir d'LSAP-Fraktioun -, dass et e bësse schnell gaangen ass! Mä da muss een och wëssen, firwat et sou schnell gaangen ass!

(Interruption)

Et war eng Sëtzung vun der Economie- an Energiekommissioun fir de 7. Mäerz geplangt.

(Interruptions)

Leider lounge zu deem Zäitpunkt den Avis complémentaire vum Statsrot nach net vir, soudass déi Sëtzung do net konnt stattfannen! Et ass awer elo och sou, dass mer déi nächst sechs Woche keng Chambersëtzung hunn! Mir mussen awer och wëssen, dass mer mam Ëmsetze vun där doten Direktiv a Versuch sinn an do eng Uklo riskéieren, ...

(Interruption)

... soudass also virgezu ginn ass, dat doten an dëser Sëtzungswoch nach op den Ordre du jour ze kréien, ...

M. John Schummer (DP).- Très bien!

(Interruption)

M. Claude Meisch (DP).- ... soudass d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei souwuel mat der Prozedur, déi hei gebraucht ginn ass, wéi virun allem awer och

am Inhalt vum dësem Gesetz d'accord ass an dëse Projet wäert stëmmen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech mech dem Här Zanusso senge Wieder uschléissen an och hei protestéiere géint déi Aart a Weis, wéi d'parlamentaresch Aarbecht hei mat Féiss getrëppelt gëtt!

Une voix.- Dat ass richtig, Här Jaerling!

M. Aly Jaerling (ADR).- Well d'Regierung getrëntelt huet a Lëtzebuerg dowéinst erëm Gefor leeft, vum europäesche Gerichtshaff veruerteelt ze ginn, well eng Direktiv net rechtzäiteg ëmgesat gouf, ginn hei Virschléi, déi vu verschidde Fraktiounen an d'parlamentaresch Diskussioun wollten abruecht ginn, einfach net seriö geholl. Sou ass keng seriö parlamentaresch Aarbecht méiglech!

Wann et sou ass, ...

(Interruption)

Här Schummer, ech géif lech bieden, wann ech glift!

(Interruption)

Wann Der wëllt eng Kéier Niveau weisen, da kaaft lech eng Setzwo!

...dass seriö gemengten a fondéiert Amendementer net seriö ausdiskutéiert ginn, well mer eis selwer duerch eist Getrëntels ënner Drock setzen, da kann een de sozialistesche Kolleegen nëmme Recht ginn, wa se dëse Projet gär reportéiert gehat hätten. Do froen ech mech, ob et iwwerhaupt nach Sënn huet, fir als Oppositioun e Projet am Detail ze analyséieren, wa souwiesou nëmme dat eraus kënnt, wat d'Majoritéit dra setzt.

Ass déi Virgoensweis do ënnert de Begrëff Dialog an Transparenz anzereien, sou wéi d'Regierung dat an hirem Programm ugedeit huet an ëmmer no bausen ...

(Interruption)

...proklaméiert? Och wa mer als ADR an där Saach do net direkt sou beträff sinn, sou sinn et awer ganz oft eis Iddien a Virschléi, déi mat Féiss getrëppelt an dono dann awer op eng hypokritesch Aart a Weis iwwerholl ginn. Ech erënneren do nëmme un eise Programm iwwert d'Renten, deen d'Regierung elo lues a lues ...

(Interruption)

...amgaangen ass, Punkt fir Punkt ze realiséieren, wou och elo all déi, déi eis ëmmer Populismus virwerfen, net schnell genuch nokommen, fir elo nach op deen Zuch ze sprangen, an ech erënneren och un deen Débat hei gëschter iwwert d'Kriminalitéit, wou den Här Colombero hei versicht huet, op seng éierlech an engagéiert Aart a Weis op e Problem opmierksam ze maachen, sou wéi e sech an der Realitéit ofspillt.

(Interruption)

Sou gesi mir et!

(Hilarité)

Ech wëll och hei mol kloer zum Ausdrock bréngen, dass déi aarmséileg Aart a Weis, mat där hei permanent vu verschiddene versicht gëtt, dem Här Colombero seng éierlech gemengten Interventiounen an d'Lächerlecht ze zéien, och engem Parlament net würdeg ass.

Här President, ...

(Interruption)

Oh, et wär awer heiansdo hei méi Éierlechkeet ubruucht wéi Hypokrisie!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Domat hunn ech kee Problem!

M. Aly Jaerling (ADR).- Ah, gutt, da si mer eis jo eens!

Här President, elo zum Projet!

Fir d'éischt wëll ech all déi Leit félicitéieren, déi trotz allem un deem technesch komplexe Projet matgeschafft an eis hei en Dokument virgeluegt hunn, wat an enger éischter Phas eis awer dach schéngt d'Problematik gréisstendeels ze ëmfaassen, och wa vläicht no gewësser Zäit nach wäert eng Kéier iwwert déi reell Ëmsetzung an d'Praxis an hir Konsequenze muss diskutéiert ginn.

Mir wëssen, dass dese Projet ausgeet vun enger europäescher Direktiv, déi a Lëtzebuerger Recht iwwerholl muss ginn. Wéi bei all Liberaliséierungsdirektiv gëtt erwaart, dass d'Konkurrenz an engem fräie Banne-maart dozou féiert, de Wuesstum an d'Kompetitivitéit vun den Entreprisë souwéi den Aarbechtsmaart ze stimuléieren. Dese Projet ass de véierte grouse Projet fir d'Liberaliséierung vu Servicier, no der Liberaliséierung vun der Telekommunikatioun (d'Gesetz vum 21. Mäerz 97), vum Stroummaart (d'Gesetz vum 24. Juli 2000) a vun de Postservicer (d'Gesetz vum 15. Dezember 2000).

Ech wëll hei net agoen op déi technesch Detailer vum Projet an op déi verschidden europäesch Direktiven. Dat hunn de Rapporteur a meng Virriedner scho gemaach. Ech wëll mech op e puer Punkte

beschränken an d'Meenungen an d'Iwwerleeunge vum ADR zu dese Punkten duerleeën.

Punkt 1: déi verspéit a mangelhaft Ëmsetzung vun Direktiven. Et ass schued, dass dat all Kéier erëm hei muss erwähnt ginn!

Punkt 2: d'Konsequenze vun der Liberaliséierung.

Punkt 3: d'Net-Berücksichtigung vun engem Grouss-deel vu Bedreiwer vu Wärmekraftkopplungsanlagen, vun de Cogénérateuren.

Zum Punkt 1.

Zënter Joren ass gewosst, dass europäesch Direktiven hei zu Lëtzebuerg am Schleekentempo ëmgesat ginn. Mir hunn zwar gehofft, dass sech dat géif änneren mat där neier Regierungskoalitioun, mä mir sinn, wéi a villen anere Beräicher, alt erëm eng Kéier enttäuscht ginn. Ech wëll mech an deem Zesammenhang der Kritik vun der Chambre de Commerce zu deem Projet uschleissen, wat déi verspéiten Ëmsetzung vun europäeschen Direktive speziell an de Liberaliséierungsdossieren ubelaangt. D'Fro stellt sech, aus welchem Grond eis Regierung et net fäerdeg bréngt, des Direktive méi séier ëmzesetze wéi eis Nopere.

Dat war de Fall bei der Liberaliséierung vun der Telekommunikatioun wei och bei der Liberaliséierung vum Stroummaart, a bei der Ëmsetzung vun der virleiender Direktiv ass et alt erëm eng Kéier net anescht. Doduerch gëtt d'Lëtzebuerger Wirtschaft erëm eng Kéier benodelegt, während d'Hauptkonkurrente vun de Lëtzebuerger Entreprisë schonn zënter Méint oder souguer Jore vun de fräie Mäert kënne profitéieren. Et ass den erneierte Beweis dofir, dass et noutwendeg ass, fir eng besser Prozedur anzeféieren, wéi eis Chamber bei sou Virbereedungsarbechten op europäeschem Plang aktiv matschaffe kann.

Fir also dese Retard auszegläichen an de Schued sou gering wéi meiglech ze halen, ass et wichteg, all d'Ausféierungsreglementer, déi am Projet virgesi sinn, sou séier wéi méiglech ze presentéieren an ëmsetzen. Mir wieren och frou gewiescht, wann déi verschidde Reglementer mam Projet presentéiert gi wären. Mä souguer wann eng Liberaliséierungsdirektiv an d'nationaalt Recht ëmgesat gëtt, gëtt ëmmer nach versicht, d'Konkurrenz ze behënneren.

Dëser Deeg huet d'europäesch Kommissioun eng Klo beim europäesche Gerichtshaff géint Lëtzebuerg weinst feelender Wegerechte am Telekommunikationssektor agereecht. Déi Direktiv vun 1996 „vollständige Wettbewerb“ schreift d'Garantie fir d'Wegerechter op net diskriminatorescher Basis vir. Mam Telekommunikationsgesetz vum 21. Mäerz 1997 ass des Richtlinn formal an d'nationaalt Recht iwwerholl ginn, mä anscheinend gëtt d'praktesch

1700

Ëmsetzung duerch intern rechtlech a praktesch Barrière verhënnert.

Schonn den 22. Juli 1999 huet d'Kommissioun eis Regierung op déi wettbewerbswidreg Wierkunge vun dëser Situatioun higewisen, mä d'Regierung huet net drop reagéiert. Si huet och net op zwee weider Schreiwen de 17. Januar 2000 an den 3. August 2000 vun der Kommissioun reagéiert. Ech géif d'Regierung bidden, mol hei matzedeelen, aus wat fir engem Grond dass se net drop reagéiert huet!

Et ass elo ze spéit, a wa Lëtzebuerg veruerteelt gëtt, da muss de Steierzueler erëm d'Rechnung vum Getrântels vun der Regierung bezuelen. Den ADR ka sou eng Nolässegkeet net acceptéieren! Den ADR fuerdert, dass d'Gesetzer, sou wéi et sech fir e Rechtsstat gehéiert, strikt agehale ginn an net versicht gëtt, duerch Hannerdieren dës Gesetzer ze ëmgoen!

Zum Punkt 2, de Konsequenze vun der Liberaliséierung.

Här President, an der Vergaangenheet war d'Monopolbildung aus wirtschaftlechen a gesellschaftspolitesche Grënn zum Deel berechtigt. Elo, am 21. Johonnert, kann eise Stat sech et eiser Meenung no awer net méi erlaben, un ale Monopoler festzehalen, wéi domat riskéiert een, dass eis Lëtzebuerger Betriber den Uschloss verpassen. De Sënn vun der Liberaliséierung ass, déi staatlech Monopoler an deene verschiddene Beräicher opzeléisen. Dat kënnt der Wirtschaft an dem technesche Fortschrétt zegutt. Ausserdem profitéieren net zulescht och déi eenzel Haushalter dovun.

E gutt Beispill ass d'Ouverture vum Telekommunikationsmaart, wou de Client vu méi bëllegen Tariffer a besserer Technik profitéiere kann, wéi awer och vum Stroum, wou d'CEGEDEL elo ufänkt, hir Präisser erofzesetzen. Dat kënnt z. B. ganz besonnesch der Stad Lëtzebuerg an der Stad Esch zegutt, wa mat deenen déi nei Präisser verhandelt ginn.

An der Vergaangenheet huet sech awer gewisen, dass déi verschidde politesch Verantwortlech Schwierigkeiten hatten, op al Monopoler ze verzichten, well de Stat och ëmmer Eegeninteressen ze verrieden huet. Dat weist sech ganz däitlech bei der Liberaliséierung vun de Postservicer, wou d'Regierung et fäerdeg bruecht huet, de Status quo ze verteidegen a souguer nach ze verstärken, wéi dat um Beispill vum Publipostage bewise gëtt. Den ADR huet des minimal Approche ëmmer kritiséiert.

De virleiende Projet weist awer och, dass d'Regierung d'Zeeche vun der Zäit sou lues ufänkt ze verstoen. D'Regierung geet an dësem Projet nämlech méi wäit, wéi d'Direktiv dat fuerdert. Eng ganz Rei vun Industriebetriber wäerten dovun profitéiere kënnen, soubal

d'Gesetz a Kraaft trëtt. Dat ass gutt sou, an dofir gëtt dat och vum ADR ënnerstëtzt.

Wann och den Interesse vun de Betriber Rechnung gedroe gëtt, sou muss een awer festhalen, dass den Endverbraucher net dovun ka profitéieren, well hien och an Zukunft ofhängeg vu sengem Gasfournisseur bleift, wann hien net méi wéi zwou Milliounen m³/Joer verbraucht. Den ADR fuerdert dowéinst, dass all Verbraucher an Zukunft muss vun der Liberaliséierung profitéiere kënnen, an dat net eréischt no sechs oder siwe Joer, wann iwwerhaapt. D'Beispill vun der Telekommunikatioun mat senger Virdeeler fir den Telefonsclient huet gewisen, dass sou eppes méiglech ass!

Et muss ee sech och froen, wat passéiert, wann e Gasfournisseur deen een oder deen anere grouse Client verléiert, well deen op Grond vu sengem Verbrauch selwer éligibel gëtt? Besteet dann net d'Gefor, dass dee Gaslieferant, dee Gasfournisseur, fir seng Perten auszegläichen, d'Präisser fir déi aner Clienten, déi net d'Méiglechkeet hunn, fir sech hiren eegene Fournisseur auszesichen, erhéicht? En typescht Beispill, wat schonn hei ugedeit ginn ass, vu sou negativer Folge vun der Liberaliséierung hate mer jo mam Stroum a Kalifornien. Eng däraarteg Situatioun muss op jidde Fall verhënnert ginn. Den Endverbraucher dierf net de Verlëierer an dëser Geschicht sinn!

De Punkt 3, d'Net-Berücksichtigung vun engem Groussdeel vu Bedreier vu Wärmekraftkopplungsanlagen.

An der Regierungserklärung an an all de Riede vun der Regierung gëtt vun Nohaltegkeet geschwat. Wa mer awer gesinn, wat duerch deen heite Projet mat deene geschitt, déi sech fir eng nohalteg Entwécklung am Energieberäich asetzen - ech schwätzen hei vun de Bedreier vu klengen a mëttelgrouse Cogénérationsanlagen -, da kann ee just soen, dass dat just eidel Versprieche sinn!

Den heitege Projet hätt der Regierung d'Méiglechkeet ginn, hire Wieder mol eng Kéier Dote folgen ze loossen. Mä anstatt dës Form vun Energiegewënnung ze ënnerstëtzen oder nach méi ze ënnerstëtzen, schéngt eisen Energieminister drop aus ze sinn, dës kleng Betriber lues awer sécher d'Loft ofzedrécken, wéi een et an engem Bréif vum Mouvement écologique un de Wirtschaftsminister an aus senger Äntwert op dës Bréif liese kann. Fir eise Wirtschaftsminister schéngen nure wirtschaftlech Iwwerleeungen eng Roll ze spillen. Vu politescher an nohalteger Wäitsicht ass näischt ze gesinn!

Dann hätt ech nach eng spezifesch Fro un den Här Wirtschaftsminister. Wat fir eng Roll kënnt mat deem heite Projet, mat der Liberaliséierung vum Gas, dem Syndikat Sytra-Gas no der Liberaliséierung zou? Kéint een dësem Syndikat net eng reguléierend Roll am

Gasakaf zoukomme loossen? Ech géif do nach bemierken, zur Motioun vun der LSAP iwwert d'Cogénératioun, dass mer déi als ADR richtig fannen a selbstverständlech wäerten ënnerstëtzen!

Här President, ofschléissend wëll ech nach bemierken, dass et net richtig ass, dass déi Entreprises, déi un der Finanzéierung vum Institut luxembourgeois de régulation bedeelegt sinn, net am Verwaltungsrot vertruede sinn. Et misst een d'Zesummesetzung vum ILR iwwerdenken! Mir schléissen eis do enger Fuerderung vun der Chambre de Commerce un.

Fir eis als ADR hunn zwou Saachen an dësem an och an anere Liberaliséierungsprojete Prioritéit: De Verbraucher muss de Gewënner dovun sinn an de Betreiber hir Konkurrenzfähigkeit muss gestärkt ginn.

Här President, dëse Projet, dee wuel nach Verbesserungsfähig ass - an dat wäert d'Praxis eis weisen -, geet awer an déi richteg Richtung a mir wäerten en als ADR och stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Ech wäert net op de Projet am Allgemengen haut de Moien agoen, mä just op e puer inhaltlech an och op e puer formell Aspekter, déi schonn zum Deel hei ugeschnidde gi sinn.

Zu deenen inhaltleche Punkten. Deen allerwichtigste fir eis ass dee vun der Wärmekraftkopplung. Et ass jo scho gesot ginn, dass do d'Cogénérateuren, déi ënner 15 Milliounen Kubikmeter pro Joer leien, net kënnen Client éligible ginn an dass se also net kënnen vun deene méi bëllege Gaspräisser, déi op eis zoukommen, profitéieren.

Am Joer 2008 soll dee Seuil zwar erof goen, mä och dann - sou seet de Mouvement écologique an engem Avis - wäerte ganz wéineg Bedreiwler kënnen vun där Situatioun profitéieren, fir Client éligible ze sinn. Den Här Zanussi huet och scho virdrun drop higewisen, datt dat dann Dimensiounen si vu Wärmenetzer fir 300 Familljenhaiser, wat zu Lëtzebuerg jo net grad Monnaie courante ass, datt esou Saache gemaach ginn. Dat heescht, datt all déi Kleng am Fong hei ganz kloer wäerte Problemer kréien.

D'Argument vun der Regierung ass engersäits, dass d'Cogénérateuren jo scho préférentiel Aspekttariffer kréien iwwert de Règlement grand-ducal vun 1994, dass, anerersäits, d'Präisser fir d'Combustible méi bëlleg gi wäeren an drëtzens, dass d'Anlagen haut schonn zum Deel wirtschaftlech wäeren an eigentlech keng Förderung méi bräichten.

Dat ass net den Avis vun den Ëmweltorganisatiounen, déi sech mat Vehemenz heigéint gestäipt hunn. Et ass och net den Avis vun der Environmentskommission, déi dat jo och schrëftlech duergeluegt an drop higewisen huet, dass éischters fir d'Cogénérateuren nei Ufuerderunge bestinn, wat d'Sécherheitsmoosnamen, Moosname géint Kaméidi oder och Ëmweltoplage betrëfft, soudass d'Problematik vun der Rentabilitéit sech awer anescht stellt, an dass zweetens och d'Präisser eem amgaange sinn ze klammen, sou datt een am Fong och dat net kann als Argument virbréngen.

En plus gëtt déi heite Saach iwwerhaupt net vun der Direktiv virgeschriwwen, an et kann ee sech wierklech froen, firwat d'Regierung wëllt op deen do Wee goen. Et muss ee sech och d'Fro stellen nom Sënn vu Subventiounen. Dat geet vläicht elo iwwer dëst Thema eraus, mä wann een op där enger Säit Subventiounen gëtt, da kann een awer net op där anerer Säit higoen an de Leit soen: Well Dir elo eng Subventioun krut, musst Dir elo op enger anerer Plaz eng Diskriminéierung kréien, fir dat erëm auszegläichen. Da brauch ee keng Subventiounen ze maachen, da soll ee sech wierklech iwwerleeën, firwat een iwwerhaupt eng Politik mécht, fir regenerativ Energien, respektiv Wärmekraftkopplung, iwwer speziell Mesuren ze fördern.

Ech hu gesot, déi kleng Anlage sinn a Gefor. Et kann een dat och ëmgedréit ausdrécken: Hei gi grousser ganz massiv bevirdeelegt. De Règlement grand-ducal vun 1994 - ech hat e schonn ugeschwat - soll dann och elo iwwerschafft ginn, an zwar sollen do eben déi préférentiel Aspekttariffer och nach reduzéiert ginn. Da gëtt d'Argumentatioun awer wierklech total absurd: Net nëmmen datt mam Argument vun där Förderung do dann am Gesetz op där enger Säit d'Eligibilitéit onméiglech gemaach gëtt, mä da gëtt och nach eng Käier op där anerer Säit d'Förderung reduzéiert. Herno bleift dann also quasi guer näischt méi.

Dat ass ganz kloer eng duebel Benodeelegung, déi hei gemaach gëtt, an am Avis vun der Environmentskommission gëtt eng relativ däitlech Kritik och un där Praxis gemaach an och d'Rentabilitéit a Fro gestallt vun deene klengen Anlagen.

E weidere Punkt, deen d'Environmentskommission opwerft, ass dee vun der Mise en vigueur, déi jo schonn den 1. Januar 2001 sollt sinn. Do stellt sech ganz kloer och e Problem fir déi Installatiounen, déi schonn autoriséiert sinn, well déi Leit si jo vun enger ganz anerer Ausgangssituatioun ausgaangen, an déi ginn hei elo viru Faits accomplis gestallt, wann dee Règlement grand-ducal esou bestoe bleift. D'Kommission huet dann och proposéiert, fir déi Mise en vigueur ëm dräi Joer ze verleeën.

Et kann ee sech d'Fro stellen, Här President, firwat dee Règlement grand-ducal net och an der Energiekommissioun diskutéiert ginn ass, oder firwat mer net eng Commission jointe hate mat der Environnementskommissioun, well dat schéngt mer substanzuell ze sinn, wa mer iwwer en Energieprojet - an dësem Fall e Gasgesetz - schwätzen, wou et ëm Cogénératioun geet a wann e Règlement grand-ducal amgaangen ass, ëmgeännert ze ginn.

Här President, den Här Calmes freet d'Wuert.

M. le Président.- Ja, Här Calmes?

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Ech wollt der Mme Wagener awer soen, dass d'Ëmweltkommissioun just zu deem Règlement grand-ducal schonn den 22. Februar vum leschte Joer en Avis gemaach huet. Dat heescht mir haten et schonn an der Kommissioun.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Jo, Här President, datt ass jo alles schéin a gutt, mä ech hu festgestallt, wéi ech meng Noten duerchgekuckt hunn, dass mir dee Règlement grand-ducal als Energiekommissioun an där leschter Sitzung vum 15. März kruten, an dat och just, well en als Annex bei engem Avis vum Mouvement écologique derbäi loun, soss hätte mer e guer net an d'Kommissioun krit a soss hätte mer och net driwwer diskutéiert.

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Dat wëllt awer net soen, dass en net bekannt ass.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, ech sinn net an der Environnementskommissioun, ech kann natierlech...

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Dir hutt awer ee Verrieder dran!

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- ...mat mengem Kolleeg Camille Gira...

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Den Avis ass eestëmmeg ugeholl ginn.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- ...an eiser Fraktioun doriwwer diskutéieren...

Jo, ech stellen deen Avis jo och guer net a Fro. Ech fannen deen Avis souguer excellent op verschiddene Punkten! Mä de Problem ass awer, wa mir net formell an der Energiekommissioun deen Avis zur Kenntnis huelen, dann huet e kee Belang a kee Sënn par rapport zu dësem Gesetz! Et schéngt mer awer e ganz groussen Zesummenhang hei ze bestoen. Dofir fannen ech dat ëmsou méi absurd, dass deen Avis net analyséiert ginn ass an dass en iwwerhaupt eréischt an der leschter Sitzung vun de Membere vun der Energiekommissioun zur Kenntnis geholl ginn ass.

Här President, en aneren inhaltleche Punkt, wou mir eis och dozou geäussert hunn, ass dee vun de Centrales hydro-électriques. Mir hunn do festgestallt, dass fir déi Privatiséierung, déi geplangt ass, keng Utilitéit besteet an dass se eigentlech och guer net vun der EU-Direktiv verlaangt gëtt. Dat war ee vun den Amendementen, déi mir an der Kommissioun proposéiert haten, fir dat nees zréck ze zéien. Mir gesinn och do Risiken, wat d'Roll vun der Zentral vun Esch-Sauer zum Beispill betrëfft am Zesummenhang mat der Gestion des crues vun der Sauer.

Den Här Energieminister huet an der leschter Kommissiounssitzung gemengt, si géifen deen Artikel net ëmsetzen, bis all Froe gekläert sinn. Mir hätte léiwer gehat, d'Froe wäre gekläert ginn, ier een esou eppes an e Gesetzesprojet an enger Last-minute-Aktioun nach era setze geet.

Här President, da kommen ech zu där formaler Geschicht, déi mer hei virgespillt kruten an deene leschte Wochen a Méint par rapport zu engem Projet, deen dach awer net onwichtig ass. Mir haten eng Sitzung am Hierscht, wou mer de Projet virgestallt kritt hunn op eng méi allgemeng Aart a Weis. Dunn hate mer eng Sitzung am Januar - ech mengen, den 19. Januar - , wou de Minister mat Amendementen an d'Kommissioun komm ass, déi net verschéckt gi waren.

An därselwechter Sitzung hu mer déi Amendementen duerchgeholl an ofgestëmmt, an du si se bei de Statsrot gaangen. Dunn hate mer nach eng Sitzung fir de Rapport ze stëmmen. Den Här Zanussi huet virdru schonn drop higewisen, ënner wéi engen Ëmstänn, dass déi Sitzung ofgelaf ass. Do kënne mir awer nëmme feststellen, dass dat eng speziell Aart a Weis ass, fir parlamentaresch Politik ze maachen.

Den Här Calmes freet nach eng Keier d'Wuert.

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Et muss een awer derbäi soen, datt 90 % vun deenen Artikelen, déi am Gasliberaliséierungsgesetz sinn, och am Stroumliberaliséierungsgesetz waren. Do war kee groussen Ënnerschied. Ech ka mech awer erënneren, dass mer dat anert relativ kontradiktoresch an och laang diskutéiert haten, domat war jo de Gros vun den Dispositiounen ausdiskutiert. Dat gëllt fir 90 % vun de Bestëmmungen!

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Also, Här President, ech kann net mam Här Calmes averstane sinn. Ganz besonnesch dee Punkt vun der Cogénératioun ass, eiser Meenung no, net ausdiskutiert ginn. An dat Argument, dass mer däermoosse presséiert wäre wéinst der EU-Direktiv, kann ech och net gëlle loossen.

Dëse Projet de loi ass am August d'lescht Joer déposiert ginn, wann ech mech gutt erënneren. Mir hätten am Hierscht duerchaus kënne méi Sitzunge maachen, fir drop ze schaffen. Dat wier guer kee Problem gewiescht. Dann hätte mer eis och vläicht kennen a Rou iwwert d'Problematik vun der Cogénératioun ënnerhalen. Dat ass awer net geschitt. Dofir fanne mir, dass an Zukunft misst anescht ëmgaange gi mat esou Projeten an dass mer missten eis déi Zäit huelen, déi et erfuerdert, fir wierklech Saachen op de Punkt ze bréngen an dann och Avie vun Ëmweltorganisatiounen zum Beispill besser kennen ze berücksichtigen.

Ech kommen da méi speziell nach eng Kéier op déi Problematik vun den Amendementen zréck. Mir hunn den 12. Februar eng Rëtsch Amendementen abruecht. Déi sinn hei an der Chamber ukomm an, menges Wëssens no, och un den Här Schummer weider gaangen. Déi sinn awer iergendwéi an engem Wullement ënnergaangen, an dofir konnte se net debattéiert ginn. Ech hu se selwer an der Sitzung vum 15. Mäerz ausgedeelt, fir datt se iwwerhaapt nach konnten zur Kenntnis geholl ginn.

Mir mengen, datt et de Majoritéitsparteien am Fong gutt zu Gesiicht gestanen hätt, wa se hire Projet zréck gezunn an eis nach eng Kéier Zäit ginn hätten, fir wierklech op déi Punkten do anzegoen.

Här President, dat ass leider net geschitt, an ech wëll drop opmierksam maachen, dass d'DP, wéi se an der Oppositoun war, grad esou Praktiken och ëmmer erëm ugeprangert huet.

(Interruptions)

Ech géif soen, deen heitegen Energieminister, wéi en nach Fraktiounschef war, hätt esou eppes ni duerchgoe gelooss!

(Interruptions)

Ech stelle just fest, dass dee Changement, deen do stattfonnt huet, äusserst schnell geschitt ass!

Här President, mir haten, wéi gesot, en Amendement zum Artikel 25 zu de Wärmekraftkopplunge gemaach. Mir haten awer och anerer gemaach iwwer Sensibiliséierungsprogrammer, wat eng Utilisation rationnelle vun der Energie betrëfft, an, wéi gesot, een iwwert d'Privatiséierung vun de Centrales électriques.

Mir hunn aus deem Grond och géint de Rapport gestëmmt, well mer dat net acceptabel fannen, wéi dat ofgelaf ass; mäi Kollege François Bausch huet jo geschter och nach eng Kéier intervenéiert. Mir mengen wierklech, dass dee Projet haut net hätt dierfen op den Ordre du jour kommen. An da geet et mir och net duer, wann den Här Calmes als Spriecher vun der

DP e „mea culpa“ hei mécht. Esou kann een och mat inhaltlecher Kritik ëmgoen, andeem ee se einfach ignoréiert.

Här President, mir haten déiselwecht Iddi wéi d'LSAP. Mir hu fonnt, mir géifen awer weinstens ee vun eisen Amendementen, déi mer gemaach haten, nach eng Kéier areeche, well mer mengen dass dee Punkt vun der Cogénératioun wierklech immens wichteg ass a mer och wëllen e Signal setzen, dass et eng ganz Rei vu Leit heibanne gëtt, déi net mat där do Aart a Weis - an ech mengen elo déi inhaltlech Aart a Weis -, averstane sinn, fir mat de Cogénératiounsbedreiwer ze verfuere.

Deen Amendement seet en fait op eng ëmgedréite Manéier datselwecht wéi dee vun der LSAP. Mä vu datt mir deen och schonn den 12. Februar an der Kommissioun agereecht haten, wëllte mer dat dann hei och nach eng Kéier maachen.

Amendement 2

Art. 25

biffer au point 2.a) la deuxième phrase, qui prévoit que les cogénérateurs

„qui profitent de contrats de rachats garantis de leur production d'électricité à des tarifs préférentiels (...) ne sont éligibles qu'à partir d'un niveau de consommation annuelle supérieur à 15 millions de mètres cubes de gaz naturel (...)“.

(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.

Här President, mir wäerten ofwaarden, wéi déi Amendementen hei traitéiert ginn, an dovunner wäert et dann och ofhänken, wéi mer dee Projet hei zur Liberaliséierung vum Gasmarché wäerte votéieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, währenddeem a Kalifornien virdemonstréiert gëtt, zu wat déi wëllst Dereguléierung um Energiemaart ka féieren, ginn hei bei eis an och zu Bréissel d'Minnesänger vum Liberalismus a vun der Dereguléierung, zu deenen ech och elo, nodeem ech e schwätzen héieren hunn, den Här Jaerling muss zielen, net midd, fir d'Virdeeler vun där Liberaliséierung ze luewen, fir drop hinzewiesen, dass d'Präisser vun der Energie géinge falen, dass d'Wirtschaft géing stimuléiert ginn. Et gëtt souguer geschwat, Aarbechtsplaze géingen doduerch geschafe ginn.

Derbäi muss ee bedenken, dass Kalifornien deen entwéckelste Stat an den USA ass, an domat hätt e jo

missen déi bescht Voraussetzungen hunn, wat déi Liberaliséierung ubelaangt. Et ass de Stat vun där neier Economie. Et ass de Stat vun der Silicon Valley. Dofir muss ee sech d'Fro stellen: Wéi ass dann dat méiglech gewiescht? Ginn et net do eventuell objektiv Ursaachen, déi zu esou enger Situatioun gefouert hunn? Ech wëll lech erklären, wou déi objektiv Ursaache leien. Et kann och net esou sinn, dass zu Bréssel gesot gëtt: Mir maachen déi Feeler net, bei eis kënnt esou eppes net vir. Woura leie se?

All leitungsgebonden Energieträger, all streckegebonden Transporter, wéi zum Beispill d'Schinnen, si gekennzeechent duerch héich Infrastrukturkäschten. Den Netzbau an den Ënnerhalt vun där Infrastruktur brauch laang Ofschreibungszäiten. Dofir sinn elo bei der Dereguléierung och um Stroummaart zum Beispill, al Anlagen an al Transportkapassitéite bevirdeelegt. Déijéineg, déi schonn amortiséiert sinn, an déi doduerch déi Käschte vun der Amortiséierung an hirem Präis net méi brauchen ze droen, an dat wäerten um Stroummaart an Europa al Anlagen an Osteuropa sinn, déi relativ bëlle kënnen produzéieren, déi net ekologesch ausgeriicht sinn an déi dann d'Präisser hei um Maart kënnen ënnerbidde mat der Konsequenz, an dat ass och a Kalifornien geschitt, dass keng nei Anlage mat héijen Ëmweltoplagen, héijen Investitiounen méi gebaut ginn oder riskéieren, net méi genuch gebaut ze ginn.

Dobäi kënnt dann nach de Problem vun de Verbraucherspëtzen. De Produzent an och de Bedreier vun engem Netz muss Kapassitéite virhalen, fir kënnen Verbraucherspëtzen ofzedecken, an dat ass deier. A wann elo d'Trennung gemaach gëtt vum Netz a vun der Produktioun, an dass dat keen Afloss méi dierft hunn op de Verbaucher, dann ass natierlech e Virdeel do, fir déi Groussverbaucher, an dat huet dann héchswahrscheinlech negativ Konsequenzen an der Zukunft fir d'Versuergungssécherheet, well an dëser Zäit vum schnelle Geld kann een dann déi Mëttel net fannen, déi noutwendeg sinn, fir Investéierungen, déi laang Ofschreibungszäite brauchen.

Wann zum Beispill op enger TGV-Streck - do ass de Streckebau wuel dat Deierst, net den Zuch, deen drop fiert -, engem géing erlaabt ginn, privat Zich drop fueren ze loossen, ouni dass e sech bräicht un der Infrastruktur ze bedeelegen an un hirem Käschtepunkt, da géing dat natierlech bedeuten, dass keng TGV-Streck méi an Zukunft géing gebaut ginn.

Obschonn also an dësem Gesetzprojet, dee virläit, net eng voll Liberaliséierung virgesinn ass, wéi dat vun der Brésseler Kommissioun verlaangt gëtt, ginn an der Zukunft doudsécher geféierlech Entwécklungen opgebaut op dësem Gebitt.

Wat den Erdgas ubelaangt, esou ass de Präis vun dëser Energiequell gebonnen un d'Konkurrenzenergie, dat heescht un de Masutt. Duerch eng Liberaliséierung vum Maart riskéiert déi Bannung do ewechzefalen, an da riskéieren déijéineg, déi e gönschtege Präis kréien, dat heescht d'Groussverbraucher, déi forcéiert hire gönschtege Präis duerchsetzen, dass déi Bannung do un d'Konkurrenzenergie leschten Enns gedroe gëtt vun deene kleng Verbaucher.

Datselwecht bezitt sech op d'Verbraucherspëtzen an op d'Ofschaltbarkeit. Et ass elo esou, dass bei de Präisser a bei den Ofmaachungen tëschent dem Fournisseur an dem Verbaucher eng Klausel dran ass, fir kënnen ofgeschalt ze ginn, wa Stroum- oder wa Verbraucherspëtzen um Gas ze enregistreiere sinn.

Wann dat elo deene Groussverbraucher net méi virgeschriwwen gëtt, wann déi d'Kapassitéit hunn, fir hir Usichten duerchzusetzen, da gëtt dat noutgedrungen ofgewälzt op déi kleng Verbaucher.

Am Zesammenhang vun dësem Gesetzprojet ass elo vill vun der Cogénératioun geschwat ginn. Si wär net éligibel gëtt gesot. Dat bezitt sech awer, esou wäit ech dat kann aschätzen, net op eng Cogénératioun. Déi Cogénératiounen, déi weëneger wéi 15 Millioun Kubikmeter Erdgas d'Joer brauchen, sinn also net éligibel. Firwat déi Begrenzung do op 15 Milliounen? Menges Wëssens no wär nëmmen eng Cogénératioun, déi net géing dorënner falen, déi vun DuPont de Nemours, déi mat Hëllef vun der CEGEDEL gebaut ginn ass. Dat ass och eng Gasdamppturbin, déi net nëmme Stroum an Hëtzt, mä och Dampf liwwert als Prozesswärmt an der Produktioun, esou dass mer och hei scho gesinn, wéi déi Saach geregelt gëtt, dat heescht, déi Groussproduzenten, déi gi bevirdelegt vis-à-vis vun deene klengen. A wann d'Bedingungen elo, déi et erlaabt hunn, Berechnungen ze maachen, fir esou Cogénératiounen ze bauen, geännert ginn ënnerhalb vun där Zäit, wou se ofgeschriwwen ginn, an dat ass eng Zäit vun iwwer 15 Joer, da gëtt d'Wahrscheinlechkeet geschafen, dass esou Cogénératiounsanlagen, déi jo awer ganz nützlich sinn, weëneger oder net méi gebaut ginn.

Besonnenesch wichteg wäert och an der Zukunft, well dat net hei berücksichtegt ginn ass an dësem Gesetzprojet, d'Fro vun de Brennstoffzelle sinn. An deenen nächsten 10 oder 15 Joer wäerten op dem Gebitt vun der Stroumproduktioun ëmmer méi Brennstoffzellen agesat ginn, a well se eben, ech géing soen, souguer nach méi ëmweltfrëndlech si wéi d'Cogénératiounen, missten déi och bevirdelegt kënnen ënnerstëtzt ginn.

An deene leschte Jorzéngten huet d'öffentlech Hand mat öffentleche Gelder, dat kann de Stat sinn, dat sinn awer och oft d'Gemengen, wéi zum Beispill Sudgaz oder d'Gaswierk vun Diddeleng, dat vun der

Stad Lëtzebuerg, grouss Mëttel agesat an d'Infrastrukturen an an d'Netzer. Dat elo der Privatwirtschaft zur Verfügung ze ginn zu verbëllegte Präisser, ouni dass dobäi och berücksichtegt muss ginn d'Erneuerung an den Ënnerhalt vun deenen Netzer, ass geféierlech fir d'Zukunft a kann am Ufank eng Präisreduzéierung mat sech bréngen, esou wéi dat och a Kalifornien geschitt ass, an herno Engpäss liwwere bei der wierklecher Beliwwerung a bei der Versuergung.

Aus deem Grond kann ech dësem Gesetzesprojet net zoustëmmen, an och well ech prinzipiell géint déi Liberaliséierungstendenz sinn, déi sech elo maachen op deem Gebitt, well de Gas ass jo elo een éischte Schrëtt, duerno kënnt d'Waasser. Mir spieren déi Tendenzen, déi bei deene groussen internationale Konzernern sinn. Vivendi drängt ganz staark drop, dass d'Waasser muss privatiséiert a liberaliséiert ginn. An da wäerte mer gewuer ginn, wat de Kubikmeter wäert kaschten. Gitt emol a Frankräich kucken op déi Gemengen, wou dat scho geschitt ass. An als Kréierung vun der gesamter Liberaliséierung kënne mir eis och virstellen, dass d'Loft privatiséiert gëtt. Firwat net och d'Loft privatiséieren? Firwat net engem eng Konzessioun gi fir d'Benotzung vun der Loft, esou dass dann all Bierger en Chip ugehaange kritt, wou festgestallt gëtt, wéivill Mol en am Mount otemt, an da muss en dofir Gebühre bezuelen.

Dat mat deene Liberaliséierungen a Privatiséierungen huet keng Grenzen am Kapitalismus, well am Kapitalismus gëtt alles zur Wuer, a mir sinn dofir prinzipiell géint déi Tendenzen an dofir stëmmen ech och géint dës Gesetzprojet.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech dem Rapporteur, dem Här Emile Calmes villmools merci soen, fir deen ausgezeechente Rapport, deen en hei presentéiert huet. En huet mat enger quasi chirurgescher Präzisioun den Text de Kolleegen exposéiert an ech brauch op dat, wat hie gesot huet an deem ech mech voll uschléissen, net zrëckzekommen.

Ech wollt och all deene Membre vun dësem héijen Haus merci soen, déi intervenéiert sinn a mech bei hinnen entschëllegen, fir déi, wéi gesot ginn ass, Dampwalzmethod, déi ugewannt gi wier. Här President, et ass effektiv schwieereg. Et ass een hin an hier gerappt, op där enger Säit tëschent dem absolute Respekt vun der Chamber fir den Deputéierten all Méiglechkeeten ze ginn, fir all Facette vun engem Text auszediskutéieren, an op där anerer Säit deene Contrainten, deenen een op engem europäesche Plang ausgesat ass, well een eben a gewëssen Délaien Direktive muss transposéieren.

Ech sinn och do en aveu, dass mir selwer am Ministère vläicht zevill laang Zäit gebraucht hunn, et ass awer dorop zrëckzeféieren, dass mer mat esou engem Genre Text absolut keng Erfahrung haten, dass mer wollten ofwaarden, wat fir eng Approche de Conseil d'Etat zu där Aart a Weis, wéi mer versicht hunn déi elektresch Direktiv ze transposéieren, hätt an op déi Approche opbauen an dësen Text calquéieren.

Den Här Calmes huet et schonn ënnerstrach. 90 % vun deenen Texter, déi elo proposéiert ginn, sti mutatis mutandis an deem Gesetz, wat d'elektresch Direktiv ëmgëtt huet.

Ech wollt mech nach eng Kéier entschëllege fir déi Retarden an och fir mäin Drängen, dass dëst Gesetz esou séier wéi méiglech sollt hei am Plenum behandelt ginn.

Et ass weder fir d'Chamber nach fir d'Regierung satisfaisant. Dat wëll ech ënnersträichen, muss awer gläichzäiteg och soen, dass dëst Joer d'Contraintë vum Kalenner eis och nach derzou bruecht hunn, fir ze insistéieren, dass géif an dëser Sitzung dës Projet behandelt ginn. Wier et nämlech net esou gewiescht, hätt de Kalenner et mat sech bruecht, dass een eventuell hätt misse bis an de Juni voire an de Juli waarden, fir deen Text op den Ordre du jour ze kréien.

Et gëtt dann an dësem Text - ech kann net op alles agoen - ganz vill vun der Cogénération geschwat. An ënnerschwellig bei eenzelnen Intervenanten ass d'Gefill duerchgeklungen, dass dës Regierung an de Wirtschaftsminister am Besonneschen e gesplécktent Verhältnis zu dëser Fro hätten.

Heiansdo wier ech frou, wa mäi Virgänger, den Här Goebbels, Member an dëser Chamber wier. Wann en net fir d'Europaparlament optéiert hätt, da kéinten nämlech seng eege Kolleegen, déi vu senger Partei, mat him hei am Plenum dialogéieren, an och eventuell e bësse streiden an hie froen, wat en dann ugaangen ass.

Ech gi vun eezelnen Deputéierten elo weinst engem Projet de règlement grand-ducal kritiséiert, fir deen ech anscheinend verantwortlech wier. Ech wëll nach eng Kéier ganz daitlech maachen: Dee Projet, deen awer schonn eng Kéier an der Ëmweltkommissioun diskutéiert ginn ass, ass net vu mir déposéiert ginn! Deen huet den Här Goebbels deemools als Energieminister den 12. - wa meng Erënnerung richteg ass - Juli 1999 déposéiert! Dat heescht also, ech ginn hei fir eppes kritiséiert, wat den Här Goebbels gemaach huet!

(Interruptions)

An ech sinn dann all Kéier erëm paff, ...

(Interruptions diverses et hilarité)

Här President, ech sinn all Kéier erëm e bësse fir mäi Virgänger genéiert,...

(Hilarité)

...wéi dee vu sengen eegene Kollegee Gesetz fir Gesetz, Reglement fir Reglement demontéiert gëtt!

(Hilarité)

Wa mir dat wéilte maachen, da géif eis praktesch eng Hargne excessive virgeworf ginn, wat mir net hunn; mir si jo fäi Leit! Mä awer aus den eegene Reien...

Här President, ech muss soen, dass ech bass erstaunt sinn iwwert déi Aart a Weis, wéi do...

Une voix.- Mir sinn erstaunt iwwer Är nei Sympathie fir den Här Goebbels!

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, ech wëll hei nëmmen...

(Interruption)

Une voix.- Den Här Grethen ass op engem ganz gudde Wee!

(Hilarité)

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Ech wollt der Chamber soen, dass ech an där Fro do, relativ gesinn, awer nach e rouegt Gewëssen hunn!

Deen Text, fir deem et en Avis vun der Ëmweltkommissioun gëtt, ass am Moment amgaangen, vu menge Servicer iwwerschafft ze ginn. Wa mir mat eisen Aarbechte fäerdeg sinn an ech den Accord vum Regierungsrot hunn, hunn ech mech engagéiert, Här President, fir dann an d'Commission de l'Economie ze kommen an der Kommissioun deem Text ze weisen, an d'Commission de l'Economie kritt dann och all déi Zäit, déi se brauch, fir dat ze ënnersichen. Ech si selbstverständlech bereet, fir mat deem Reglement, wéi ech mech dozou schonn an enger Kommissiounssitzung engagéiert hunn, an d'Commission de l'Economie ze kommen!

Ech sinn en aveu, Här President, dass ech net zu deene gehéieren, déi d'Gripp kréien, wann eenzel Organisatiounen oder Mouvementen néizen! Also, dat léisst mech jo relativ kal!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Och do hutt Der eng Gemeinsamkeet mam Här Goebbels!

(Hilarité générale)

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Och do kéint ech eng Gemeinsamkeet mat mengem Virgänger hunn! Ech si jo fir den Dialog, mä den Dialog - dat ass jo d'Bereetschaft, dovun auszegoen, dass deem aneren och kéint Recht hunn; ech sinn also

ganz gär bereet ze diskutéieren an nozelauschteren, wann d'Argumenter stéchhalte sinn, fir mech iwwerzeegen ze loossen, meng Meenung ze änneren - ass net fir mech, dass ech deem anere seng Argumenter ipso facto acceptéieren. Ech wollt dat ganz kloer gemaach hunn!

Ech sinn also, wat dat Reglement hei ugeet, dialogbereet, och dialogfäeg. Mir wäerten also mat deem Reglement an déi zoustänneg Kommissioun zrëckkommen. Selbstverständlech kann ech dofir d'Motioun, déi vun de Majoritéitsparteien abruecht ginn ass, unhuelen. Leider kann ech aus deemselwechte Grond d'Motioun vun de Kollegee vun der sozialistescher Partei, déi den Här Zanussi déposéiert huet, net unhuelen, wéi ech och net kann déi zwee Amendementen zum Artikel 25 unhuelen. Här President, dat zur Cogénération!

Den Här Jaerling huet da ganz interessant Iwwerleeunge gemaach iwwert d'Aarbechten um europäesche Plang. Also, ech fanne keng Wieder, Här President, fir menger Begeeschterung Ausdrock ze ginn, dass den ADR sou europainteresséiert ass, well dat ass eng Situatioun, déi net ëmmer sou war! Mäi Kolleg Carlo Wagner géif soen: Et ass eng ganz, ganz nau Situatioun!

(Hilarité)

Ech si frou doriwwer!

Här President, gëschter an der aussepolitescher Debatt huet den Här Fayot zu Recht drop opmierksam gemaach, dass dës Chamber sech misst méi mat europäeschen Dossiere befaassen, dass deem Intérêt sech net nëmmen dierft op d'Aarbechte vun engem Conseil européen beschränken, dass deem Intérêt sech net nëmmen dierft op aussepolitesch Froe beschränken, mä dass och déi aner Themekreesser sollten Afloss fannen an d'Aarbechte vun dëser Chamber.

Ech ka mech deem nëmmen uschléissen, Här President, a meng Bereetschaft ënnersträichen, fir an all deenen Dossieren, déi a mengem Kompetenzberäich leien, wou d'Chamber mengt, dass se gär eng Diskussioun mam zoustännegem Minister hätt, déi Diskussiounen an der Kommissioun ze féieren - oder am Plenum -, wann dat bei eenzelne wichtege Froe gewünscht ass. Ech wëll och ënnersträichen, Här President, dass Är Chamber jo scho viru Joren - dat geet op den Ufank vun den 90er Joren zrëck - versicht huet, déi europäesch Aarbechten ze suivéieren, mä dass dat net genuch Agank an déi Kommissiounsaarbechte fonnt huet. Dat war deemools meng Meenung, an dat ass se och nach haut!

Mir haten, fir awer Beispiller ze ginn, virun e puer Wochen à la demande vum Här Zanussi eng interes-

sant Diskussioun an der Transportkommissioun, wann ech se därerf sou nennen, iwwert déi öffentlech Transportréseauen, wat do um europäesche Plang virgesinn ass. Ech sinn, nach eng Kéier, Här President, ganz gär bereet, fir déi Diskussiounen an deenen zoustännege Gremien ze féieren!

Mir hunn - an dat ass richtig - mar an iwwermer zu Stockholm eng Diskussioun, wou ënner anerem och eng accéléreiert Liberaliséierung vum elektreschen a vum Gasmarché um Ordre du jour steet. Ech wëll lech net verheemlechen, Här President, dass d'Lëtzebuerger Regierung do net an der Lokomotiv sëtzt, dass mir net der Meinung sinn, dass een hei soll zevill, wéi soll ech soen, ...

(Interruption)

... Gas ginn - merci fir d'Stéchwuert -, mä dass een déi Saach soll mat relativ vill Virsiicht ugoen, net fir dem Konsument eppes net ze gënneren, net fir d'Industrie, d'Ekonomie ze handicapéieren, mä well mer all déi Gefore gesinn, déi dobäi kënnen entstoën, an der Meinung sinn, dass dat, wat elo proposéiert gëtt, awer och muss e Corollaire fannen, dass déiselwecht Begeeschterung, déi elo bei ville Membere vum Conseil européen besteet, wat d'Liberaliséierung ugeet, och misst um soziale Plang bestoen. An dofir wäerte mir elo zu Stockholm als Regierung drop insistéieren, dass awer dann och notabel Progrèsen, wat d'Harmoniséierung ugeet, um soziale Plang an Europa erreecht ginn.

Wéi a ville Saachen, och wann ech op d'Cogénération zrëckkommen: On ne peut avoir le beurre, l'argent du beurre et le sourire de la fermière! Déi Haltung, déi mer a villen Dossiere vertrieeden, vertrieede mer och um europäesche Plang. Mir sinn amgaangen, déi Propositionen, déi d'Kommissioun gemaach huet, ze examinéieren. Eng vun deene wichtege Froen ass jo den „Unbundling“, d. h. d'Dissociation vun der Kontabilitéit, d'Transparenz vun der Kontabilitéit.

Mir kéinten och ënner Ëmstänn, wa mer um soziale Plang déi Avancéee kréien, déi mir eis erhoffen, am Géigenzuch eng gewëss Souplesse weisen, à condition awer dann, dass sougenannt „De-minimis-Regele“ gëllen. D'Kommissioun ass bereet, dorop anzegoen. De-minimis-Regele géife bedeiten, dass kleng Distributeuren net déi Obligatiounen operluegt kréien, wat d'Comptabilité analytique ugeet, wéi dat bei aneren, méi groussen Distributeuren oder Energieproduzenten de Fall ass.

Här President, dann nach e Punkt. Den Här Jaerling hat och gemengt, e misst op d'Compositioun vum Conseil d'administration vum ILR agoen.

Ech muss lech soen, Här President: Dee Conseil d'administration ass jo kierzlech erëm nei bestallt

ginn, an et war eben einfach - an et bleift - d'Décision vun dëser Regierung, fir dee Conseil d'administration - mat enger Ausnahm - net mat Leit aus der Privatbranche ze bestécken. Mir hunn do ganz bewusst - dat soen ech ganz bewusst - beim Régulateur, deem seng Aufgaben och nach an Zukunft eventuell sollen, wann eenzel europäesch Projeten duerchginn, ausgebaut ginn, deen da quasi de Charakter vun enger Juridiction kritt, eventuell vun enger éischter Instanz, drop verzicht, fir deenen, wéi soll ech soen, wirtschaftlechen Intérëten, wéi d'Chambre de Commerce dat gefrot hat, Agank an déi Enceinte ze ginn.

Dat ass eng Décision, déi mer a voller Sachkenntnis geholl hunn, wou mer och net wäerten dovun ofgoen, d'selwecht wéi mer och drop verzicht hunn, hei zu Lëtzebuerg an dësem Gesetz de Statut vum Grossist zouzeloossen. Eenzel Riedner si jo drop agaangen. Dir hutt jo och gesinn, wou eng wëll Liberaliséierung, déi näischt mat Liberalismus ze dinn huet, hiféiert, well Dir wësst jo: Am Liberalismus hält meng Fräiheet do op, wou deem anere seng ugeet! Mir brauchen also do e Régulateur, an et sinn ëmmer erëm Leit, déi do dat eent mat deem anere verwieselen.

Eppes Leschtes, Här President, op dat och ganz kuerz agaange ginn ass: Dat sinn déi sougenannt Centrales hydroélectriques, wou dëst Gesetz der Regierung d'Méiglechkeet gëtt, fir déi Zentralen an aner Hänn iwwer ze féieren. Dat gëtt duergestallt als eng Privatiséierung, ass awer eng Konsequenz vun der Liberaliséierung vum Stroummarché, wou de Stat, wann en nach laang géif an deem dote System weiderfueren, riskéiert, kee méi ze fannen, deen him de Stroum zu deene Präisser ofkeeft, wéi e produzéiert gëtt, an dofir ware mer der Meinung, dass een nei Strukture sollt sichen.

Ech wollt awer der Chamber soen, well ganz vill Deputéiert, besonnesch d'Kollegen aus dem Norden, un deene Froen interesséiert sinn, dass mir elo selbstverständlech net wäerten iwwerstierzt eppes maachen! Mir wäerte selbstverständlech mat all deene Gemengen - well et sinn eng ganz Rei Gemengen, déi Resolutiounen oder Motiounen gestëmmt hunn, wou se hir Inquiétude driwwer ausdrécken, net iwwert de Fait, dass en aneren Operateur déi Centralë soll bedingen, mä iwwert d'Tatsaach, dass de Stauséi vun Esch-Sauer och e Rôle régulateur huet am Fall vun Héichwaasser - zesumme kommen.

Mir wäerten och dofir suergen, dass am Kader vum Waasserwirtschaftsamt d'Kompetenze sou opgedeelt ginn, dass se net op sechs verschidde Plaze sinn, mä an enger Hand, an et wäert d'Waasserwirtschaftsamt sinn - dat si meng Vuen op alle Fall -, wat do wäert dofir suergen, dass déi noutwendeg Sécu-

téitsmoosname geholl ginn, a mir wäerte gläichzäiteg dofir suergen, dass et am Kader vun der Reform vum Statut vun der Fonction publique och wäert méiglech sinn, dass Leit, déi am Moment do schaffen, kënne weider bei där neier Entreprise schaffen an hire Statut bäibehalen.

Dat heescht also, och wann dat Gesetz haut gestëmmt gëtt, dass et net noutwendegerweis iwwermer schonn zu deenen Initiative kënnt, déi envisagéiert ginn, mä dass mer ofwaarden, bis déi ganz Situatioun kloer ass.

Här President, ech soen also nach eng Kéier der Chamber am Viraus merci fir déi Zoustëmmung, déi se dësem Projet an hirer Majoritéit wäert ginn, wéi ech aus den Ausféierungen eraushéieren hunn. Ech wäert mech - nach eng Kéier - dofir engagéieren, fir, wat d'Cogénération ubelaangt, mat deem Text le moment venu an d'Wirtschaftskommissioun ze kommen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- D'Diskussioun ass domat ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4697 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 24 si gelies an ugeholl.

Da komme mer zum Artikel 25, wou mer zwee Amendemente virleien hunn, ee vun der LSAP- an ee vun der grénger Fraktioun. Wann dat gewënscht ass, kënnen den Här Zanussi an den Här Bausch nach eng Kéier d'Wuert ergräifen, fir hire respektiven Amendement ze explizéieren.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt net méi inhaltlech drop agoen - dat huet d'Mme Wagener jo gemaach -; ech wollt just hei eng Prozedur virschloen, well déi zwee Amendemente sinn hoergenee datselwecht.

Ech mengen, et sollt een einfach iwwert den Artikel 25, sou wéi en am ursprüngeleche Projet virgesinn ass, ofstëmmen. Et kéint jo sinn, datt dee géif duerchgoen an da wieren déi zwee Amendemente souwisou caduques. Mir musse jo hei eng Prozedur fannen, well déi zwee Amendemente si jo zweemol hoergenee datselwecht.

M. le Président.- Dat ass richtig!

(Interruptions)

Da stëmme mer of iwwert den Artikel 25, wéi e vun der Commissioun proposéiert ginn ass. Dat bedéngt, wann en ugeholl ginn ass, dass déi zwee Amendementen hifälleg sinn.

Vote

Déi fir den Artikel 25 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

Den Artikel 25 ass mat 34 Jo- an 23 Nee-Stëmmen ugeholl, sou wéi e vun der Commissioun proposéiert ginn ass.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Willy Bourg), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);

Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch et M. Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

D'Artikelen 26 bis 37 si gelies an ugeholl.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 41 Jo-, 12 Nee-Stëmmen a 5 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Willy Bourg), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);

Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir hunn och nach zwou Motiounen hei virleien. Déi éischt ass vum Här Marc Zanussi. Se ass schonn explizéiert ginn, Dir hutt den Text och virun Iech leien a mir stëmmen dann direkt driwwer of.

Vote

Déi fir d'Motioun 1 sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

D'Motioun ass mat 24 Jo-, 33 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jean-Pierre Koepp);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Willy Bourg), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);

Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

S'est abstenu: M. Marco Schank.

Da komme mer zur Motioun 2, agereecht vum Här Claude Meisch. D'Regierung huet dozou Stellung geholl an ech géif proposéieren, dass mer par main levée driwwer ofstëmmen.

Vote

Wien dofir ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, dass déi grouss Mehrheit fir déi Motioun ass an domat ass se ugeholl.

Domat ass dee Punkt ofgeschloss a mir kommen zum nächste Punkt op eisem Ordre du jour, der Diskussioun vum Projet de loi 4584 iwwert d'elektronesch Medien.

Den Här Weiler freet d'Wuert.

2. Ordre du jour

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech wollt eng Fro stellen, wat den Ordre du jour ubelaangt.

D'Zäit gëtt elo relativ knapps, an déi zwee Projeten, déi mer nach um Ordre du jour hunn, missten, zumindest de Projet 4749, nach onbedéngt gestëmmt ginn. Ech froe mech also, wéi mer zäitlech iwwert d'Ronne kommen.

Um wéivill Auer hale mer op respektiv wéini kënne mer déi Projete fäerdeg maachen?

M. le Président.- Dat si jo awer kleng Projeten.

Plusieurs voix.- Oh, jo!

(Interruptions)

M. Lucien Weiler (CSV).- Da waart awer emol of!

M. Marcel Glesener (CSV).- Et sinn awer zwou Stonnen!